

Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Den Artikel 20 (5) bleibt also, grad wéi déi aner och, an där Form bestoen, wéi den Text vun der Kommissioun dat virgesäit.

Amendement 6

Dann den Amendement Nummer 6, betreffend den Artikel 23 (3).

Vote

Den Amendement 6 ass ofgelehnt mat 43 Nee-Stëmmen, bei 17 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Henri Kox), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par Mme Nancy Arendt), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Fernand Diederich),

rich), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Amendement 7

Och den Amendement Nummer 7 ass nees eng Kéier en Amendement subsidiaire par rapport zu dem Amendement Nummer 6. Et geet nach eng Kéier ëm den Artikel 23 (3), eng zweet Proposition.

Mir stëmmen doriwwer of.

Vote

Den Amendement 7 ass ofgelehnt mat 43 Nee-Stëmmen, bei 17 Jo-Stëmmen, esou datt och den Artikel 23 (3) an där Form bestoe bleibt, wéi d’Kommissioun e virgeschloen hat.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Henri Kox), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par Mme Nancy Arendt), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot,

Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Domat hu mer d’Amendementen alleguerten ofgestëmmt. Mir kommen dann zum Ofstëmmen iwwert de Projet de loi selwer.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5437 ass ugeholl mat 43 Jo-Stëmmen, 7 Nee-Stëmmen an 10 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par Mme Nancy Arendt), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Henri Kox), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Retrait du rôle de la proposition de loi N°5302

Nom Vote vun dem Projet de loi wëll ech den honorabelen Här Henckes froen, ob hien domat averstan ass, seng Proposition de loi als evakuéiert ze considéieren.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Jo, Här President, ech sinn d'accord, datt déi Proposition de loi zrëckgezu gëtt.

M. le Président.- D'accord.

Motion 1

Da stëmme mer elo of iwwert d’Motioun, déi den Här Henckes déposiert huet.

Vote

D’Motioun 1 vum Här Henckes ass ofgelehnt mat 44 Nee-Stëmmen, bei 5 Jo-Stëmmen an 11 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par Mme Nancy Arendt), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mer-

gen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Henri Kox), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner.

6. Résolution de M. Marco Schank relative à la politique de l'Iran

Mir hunn dann nach d’Resolutioun, déi den honorabelen Här Schank haut de Mëtteg abruecht huet. Ech denken, dass an dëser Chamber grouss Unanimitéit besteet iwwert déi Resolutioun. Kënne mir elo nach iwwert déi ofstëmmen? Par main levée?

(Assentiment)

Vote

Ech gesinn, déi Resolutioun ass à l'unanimité ugeholl. Ech wäert dann, esou wéi ech chargéiert gi sinn, dës Resolutioun der Ambassade vun der République islamique d'Iran iwwermëttelen.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Moien um néng Auer.

D’Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.24 heures)

Ordre du jour

5504 - Projet de loi portant

- introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière;
- abrogation de l'impôt sur la fortune dans le chef des personnes physiques;
- modification de certaines dispositions de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu  
(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Vote sur la motion 1 - Vote sur les amendements - Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Vote sur la motion 2)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; M. Lucien Lux, Ministre.

(Début de la séance publique à 9.01 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre.- Neen, Här President.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, op eisem Ordre du jour vun haut de Moie steet de Projet de loi 5504 iwwert d'Zënsbesteierung. D'Riedezäit ass nom

Modell 2 festgeluecht an et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Mosar, Meisch, Fayot, Bausch a Gibéryen. D'Wuert huet elo direkt de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt D'Wuert.

5504 – Projet de loi portant

1. introduction d’une retenue à la source libé-

ratoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière;

2. abrogation de l'impôt sur la fortune dans le chef des personnes physiques;

3. modification de certaines dispositions de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.- Merci, Här President. Gudde Moien, Kolleeginnen a Kolleegen, am Virfeld vun där Debatt vun haut gouf et nawell e sëllege Gedäisch. Wéi mer d'lescht Woch hei iwwert de Budget diskutéiert hunn, hätt ee sträppweis kënne mengen, et wier een an engem anere Film. Op eemol war dem Stat säi finanzielle Fahrplan fir dat anert Joer Niewesaach an d' Aféierung vun enger Quellesteier op verschiddene Spuerprodukter den Haaptsubjett ginn. Datt Eenzelner de

Moment net erwaarde konnten, fir sech mat dësem Gesetz ausereneen ze setzen, léisst drop schléissen, datt dee Projet d'Gemiddler iwwert d'Moosse beschäftigt. Mir däerfen eis also dofir haut op eng animéiert Debatt freeën.

Déi Opreegung, och dobaussen am Land, huet natierlech hir Grënn. Een dovun ass wuel deen, datt d'Iddi fir dëse Projet eigentlech zwee Päpp huet, wat jo u sech schonn aussergewéinlech ass. Deen ee Papp ass d'Regierung, deen aneren ass de Comité fir d'Entwécklung vun der Finanzplaz, ofgekierzt Codeplafi genannt. Dat ass dee Gremium an dem sech d'Spëtzt vun der CSSF – déi kennt Dir jo – a Vertrieeder vun der Finanzplaz d'Käpp doriwwer zerbréchen, wéi et am beschte soll weidergoe mat eise Banken an hirem Émgeréits.

Ongeféier déiselwecht Zäit sinn aus deene béide Kanäl Bestriewunge komm, déi méi oder wéineger op déiselwecht Konklusiounen erauslafen, obschonn hir Zilsetzunge grondverschiedde waren.

Déi eng Initiativ huet als But, d'Lëtzebuerger bei der Zënsbesteierung mat deenen aneren Europäer gläichzestellen an an engems och déi an d'Keess ze bieden, déi bis elo e bësse vergiesserlech waren, wann et ëm hir Steiererklärung gaangen ass. Déi aner Initiativ ass dorobber aus bessergestallten

Ausländer als Steierzueler an d'Land ze huelen. Do wou déi zwou Iddie sech begéinen ass – Dir hutt et geroden – bei der Besteierung.

A senger Erklärung zur Lag vun der Natioun am Mee 2003 hat eise Premier ugekënnegt, datt d'Regierung virhätt, d'Spueren doduerch méi attraktiv ze maachen, datt si eng Zënsbesteierung nom europäesche Modell awer mat engem Saz vun nëmmen 10% aféiert.

Déiselwecht Iddi daucht dann am Koalitionsaccord vum Summer 2004 op a fënnst sech och an der Regierungserklärung vum 4. August d'lescht Joer erëm, wou et éischstens heescht: „Fir déi Leit, déi hei am Land wunnen, bleibt d'Bankgeheimnis bestoen an et gëtt eng Quellesteier vun 10% op verschiddene Kapitalerträg agefouert. Dës Quellesteier ass libératoire. Klengspuerer falen net ënner si an am Géigenzuch entfällt d'Vermögenssteuer fir d'Privatleit.“

Domat war de Wee fir dëse Projet de loi virgezeechent. Datt en dann eréischt den 19. Oktober dëst Joer vum Budgets- an Tresorminister virgeluecht konnt ginn, hat mat der EU-Présidence am éischten Hallefjoer ze dinn, déi jo de Gros vun eise Regierungskräften accapariert hat.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Finanzplazstrategie vu Codeplafi haten, wéi gesot, eppes



aneschters an der Nues wéi d'Regierung. Si hate sech e bëssen iwwert d'Grenzen ëmgekuckt an hunn do festgestallt, datt eis Bankplaz wuel nach ëmmer d'Steierparadies ugehaange kritt, mä datt déi, déi esou gär mam Fanger op eis weisen, selwer amgaang si sech als Steuerparadies opze-spillen.

Wéi zum Beispill eis belsch Frënn, déi bannent kierzester Zäit mat hirer spezielle Steierdispositionen dausenden – dat heescht 60.000 – vu räiche Fransousen an nach eng Kéier dausende vun Hollänner ugelackelt hunn, déi mat hirem Verméige bei eisen Noper geplënnert sinn.

Den Aarbechtsgrupp, dee sech am Codeplaf mat dësem an och mam Dossier iwwert déi nei Société européenne befaasst huet, déi mir gär op Lëtzebuerg zéie géifen, koom zum Schluss, et missten eng Rei vu Mesuren – natierlech um steierleche Plang – geholl ginn, fir eis déi néideg Attraktivitéit als Standuert erëm ze ginn.

Dozou huet och d'Ofschafe vun der Verméigenssteuer gehéiert. A well déi op där anerer Säit och op der Lee vun der Regierung stoung, war och schonns d'Bréck tëscht deene béiden Iddie geschloen. Allerdéngs net nëmmen dat, béides ass ipso facto an een an datselwecht Dëppe geschmass ginn, wat natierlech zu enger gehéierlecher Confusioun an esou manche falschen Ausleeunge gefouert huet.

Deeselwechten Owend, nodeem de Minister Luc Frieden säi Projet deponéiert hat, huet schonns eng Konferenz vun enger Bank stattfonnt op där e Steierexpert engem Lëtzebuenger Publikum erkläert huet, wat fir eng Avantagen dat neit Gesetz, net de Lëtzebuenger, mä den Auslänner géif bréngen, an zwar deenen Auslänner, déi een am neie Jargon „high net worth individuals“ nennt. Wien ass dat?

Et heescht, datt een, fir an dee selecté Club vun den HNWLën opgeholl ze ginn, op d'mannst zéng Milliounen schwéier misst sinn. Et sinn dunnt och gläich Simulatiounen gemaach ginn, wat ech éischter als Spekulationen ugesinn, fir erauszefanne wat déi HNWLën eiser Finanzplaz an eisem Land kéinte bréngen. Do goug Rieds vu bis zu 8.000 där HNWL-Immigranten an deenen nächsten zéng Joer, deenen hir Aktivitéiten eise PIB ëm 1,2 Milliarden Euro pro Joer beräicheren an eleng dem Fisc eng hallef Milliard brénge géifen. Schéi wier et!

D'Promoteure vun der HNWL-Schinn hunn natierlech gläich e puer Kniet fonnt am Gesetzesprojet, deen hinnen nach laang net wäit genuch gaangen ass. Esou hätte si gär eng Abezéiung vun den Dividenden, déi jo elo mat 20% un der Source besteiert ginn, an déi 10%eg Quellesteier gehat an och eng Ofschafung vun der Ierfschaftssteuer, net nëmmen an direkter mä och an indirekter Linn, plus eng weider Steierbefreiung dës Kéier vun de Plus-valuen op der Cessioun vu Participatiounen, déi iwwer 10% leien.

Firwat feelt dat alles an der Regierung hirem Projet? Mä ganz einfach, well mat deem Projet e ganz anert Zil verfollegt gëtt. Dëst Gesetz ass an éischter Linn fir d'Lëtzebuenger an net fir räich Immigrante geduecht. Datt déi och un eiser niddereger Quellesteier an un anere Virdeeler, wéi der deemnächst ofgeschafter Verméigenssteuer, interesséiert sinn, ass net auszuschléissen, mä dat wier dann eng erfreeslech Begleeterscheinung, awer kengesfalls den éischte But vun dëser Operatioun.

Déi Verméischung vun zwou verschiddene Saachen, déi sech um Enn dach nach op engem Punkt begéinen, erkläert dann och den Duercherneen am Virfeld vun dësem Gesetz. Do goug Rieds vun der Ofschafung vun der Räichesteuer – do hate Leit e bëssen ze vill

d'däitsch Televisioun gekuckt – grad an engem Ablack wou mir all de Rimm zouzéie mussen. An et gouf och vun enger Invasioun vu frieme Millionäre geschwafelt, déi sech wéi Heesprénger op eisen Immobiliemaart stierzen an eis schonn iwwerhëtzte Wunnungspräisser nach méi an d'Luucht dreuwe géifen. Et kann ee bal mengen, do géif versicht mat all méigleche Gruselgeschichten de Projet muedebëtze ze maachen.

Duerno sollte mir ganz séier zrëck op den eigentleche Projet kommen an op dat, wat d'Regierung an alleréischter Hisiicht domat beabsichtigt, nämlech op där enger Säit d'Lëtzebuenger a puncto Besteuerung vun de Spuerertråg grad esou ze behandele wéi déi aner Europäer an zweetens si op där anerer Säit vun enger Steuer ze befreien, déi iwwerholl ass an déi et dofir och anerwärts net méi gëtt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Iddi vun enger Quellesteier ass deemools opkomm, wéi Lëtzebuerg sech mat Hänn a mat Féiss dergéint gewiert huet, der europäescher Steuerharmoniséierung säi Bankgeheimnis ze afferen. Iwwert de Sënn an den Zweck vum Bankgeheimnis kann ee grouss philosophesch Iwwerleeungen ustellen, mä wourëms et leschten Enns geet ass, datt ee sech als Finanzplaz net an den Abseits drécken an dozou zwénge léisst eppes ofzeschaffen un deem d'Konkurrenz festhält.

Dofir huet eis Regierung am Juni 2000, wéi d'Engländer um Sommet vu Feira mordicus d'Kontrollmatdeelungen tëscht de Steierverwaltungen duerchrécke wollten, sech net ginn, bis si d'Quellebesteuerung als Alternativ duerchgesat hat an domat och d'Bankgeheimnis gerett hat.

Dat heescht, säit dem 1. Juli huet jiddfer Europäer, dee seng Sue bei enger Lëtzebuenger Bank stoen huet, 15% Quellesteier, déi vu sengem Zënsrevenu abehale ginn, wuelgemierkt jiddfer Europäer mat Ausnahm vun de Lëtzebuenger. Mir versteiere weiderhin eis Zënsrevenue bis elo mat eisem aneren Akommes, wat mat sech bréngt, datt mir dorop, jee no Akommeshéicht, 20%, 25% oder souguer 30% Steiere bezuelen, well d'Progressioun vun eisem Akommessteuerbarème, ënnert deen déi Revenue falen, bis erop op 38% geet.

D'Lëtzebuenger Regierung huet decidéiert, och fir hir eege Steierzueler eng Quellesteier anzeféieren. Engersäits fir eise Steiersystem un den europäesche Modell unzepassen, anersäits awer virun allem, fir d'Benodeelegung vun de Lëtzebuenger vis-à-vis vun deenen aneren Europäer bei der Zënsbesteuerung ofzeschaffen. Domat suergt si net nëmme fir méi Steiergerechtegkeet, mä si encouragéiert an engems och d'Spueren, well si setzt déi Lëtzebuenger Quellesteier bei nëmmen 10% un, wougeint déi europäesch elo am Ufank bei 15%, spéider bei 20% an um Enn souguer bei 35% läit.

Kolleeginnen a Kolleegen, eng Quellebesteuerung ass un a fir sech näischt Neies fir eis Lëtzebuenger. Mir hu scho laang eng Quellesteier bei den Dividenden, op deene gläich bei der Ausschëddung 20% abehale ginn. A mir hunn eng Quellesteier op eise Léin, déi direkt vum Patron abehalen an un d'Steierverwaltung iwwerwise gëtt. Mä béid Quellesteiere sinn eigentlech nëmmen en Acompte op déi geschëllte Steuer, déi via Steiererklärung eemol d'Joer um globalen Akommes ermëttelt an da verrechnet gëtt.

Déi nei Quellesteier ënnerscheet sech asoufern vun deenen aneren, datt si „libératoire“ ass, dat heescht, als definitiv ugesi gëtt, wat ënner anerem mat sech bréngt, datt déi entsprechend Revenuen net méi beim Gesamtkommes an der Steierklärung deklaréiert ginn, well se jo schonn ofgegollt sinn. Domat gëtt en-

gersäits de Verwaltungsofpand manner grouss, ouni datt awer op där anerer Säit d'Bankgeheimnis beréiert gëtt. An net ze vergiessen: Bei deem System kommen och déi drun, déi sech bis elo laanscht d'Besteuerung vun hire Spuerrevenue geschlach hunn.

Domat kéime mer bei deenen anere Volet vum Gesetz, nämlech bei d'Ofschafung vun der Verméigenssteuer. Wann, wéi mir elo grad gesinn hunn, duerch de libérateur Charakter vun der Quellesteier de Steierzueler esouwuel mat sengen Zënssteieren, wéi och mat dem Kapital, op deem d'Zësen ugefall sinn, anonym fir de Fiskus bleibt, mécht et wuel kaum nach Sënn, datt een op där anerer Säit dat Kapital dach nach deklaréiere muss, nëmme well een nach eng Verméigenssteuer do huet.

Dat ass awer net de Grond, deen den Ausschlag ginn huet, fir d'Verméigenssteuer ofzeschaffen, genau esou wéineg wéi d'Tatsaach,...

**(Interruption)**

...datt mir déi Steuer am Krich vun de Preisen opgezwonge kruten, wat jo un a fir sech schonn Ur-saach genuch gewiescht wier, fir se erëm ofzeschaffen.

Den eigentleche Grond, fir sech vun der Verméigenssteuer ze trennen ass deen, datt se einfach iwwerholl ass, an net méi an eis Zäit passt. Ofgesinn dovun, steet dat, wat si ofwërf a kengem besonnenesche Verhältnis méi mat dem Opwand, mat deem d'Erhiewung vun där Verméigenssteuer verbonnen ass; net ze schwätze vun der Kontroll, déi quasi net existéiert, well se esou schwéier duerchzéien ass. Et kënnt och duerfir net vun ongeféier, datt zum Beispill eis belsch an och eis däitsch Nopere scho längst mat där Verméigenssteuer opgehalen hunn.

D'Verméigenssteuer gëtt bekanntlech, esouwuel um beweeglechen, wéi um immobile Verméigen erhuewen, an dat zu engem Saz vu 5% oder 0,5%. Allerdéngs weit se ganz ënnerschiedlech, jee nodeem et sech ëm Valeurs mobilières, wéi Aktien an Obligatiounen, handelt, déi no hirem richtegen, no hirem effektive Wäert besteiert ginn, oder ob et sech ëm Immobilien handelt, déi op engem Eenheitswäert vun Anno Tubak taxéiert ginn. Dat bréngt da mat sech, datt Appartements an Haiser mat knapp 1% vun hirem eigentleche Wäert agesat an entsprechend besteiert ginn.

Do stellt sech d'Fro, wat dat Ganz nach soll, besonnenesche wann op där anerer Säit Auslänner duerch déi verstëbste Steuer eventuell dovun ofgehale ginn, sech hei am Land néierzeloossen an hei hir Steieren ze bezuelen. Duerfir huet d'Regierung beschloss, d'Verméigenssteuer ofzeschaffen, allerdéngs nëmme fir d'Privatpersounen. D'Verméigen, wat enger Gesellschaft oder engem Betrib gehéiert, gëtt, wéi bis elo, besteiert.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Aféierung vun enger Quellesteier op de Spuerrevenueen eegent sech ganz gutt, fir mat der Ofschafung vun der Verméigenssteuer verknäppt, kombinéiert ze ginn. Wuerfir? Mä ganz einfach, well d'Quellesteier dem Stat zousätzlech Suen abréngen däärf, déi dann den Ausfall kompenséieren, deen op där anerer Säit duerch d'Ewechfale vun der Verméigenssteuer entsteet. Dat Ganz däärf deemno als Opération blanche op d'mannst kontabelméisseg endegen.

Mä zrëck zu eiser Quellesteier. Den Taux ass eng Saach, de Spektrum vun de Revenuen, op déi e sech uwent, ass eng aner. Datt d'Regierung sech beim europäesche Modell géif inspiréieren, louch op der

Hand. Et wier net ganz gescheit gewiescht en neie Modell ze erfannen, zumools d'Banken elo hir Informatikssystemer op déi europäesch Quellesteier agestellt hunn an net vu vir un ufänke musen, fir déi Lëtzebuenger Quellesteier ofzewéckelen.

Allerdéngs hunn d'Auteurs vum Projet sech net 100%eg un d'europäesch Virlag gehal. Wuel hunn och si d'Assurancéprodukt an d'Dividenden erausgelooss, mä si hunn och all Investmentfongen ausgeklammert, an net nëmmen déi, déi majoritär oder ganz an Aktien investéieren, wéi dat am europäesche Modell de Fall ass. Déi Décisioun bréngt et natierlech elo mat sech, datt de Parallelismus mat dem europäesche Modell net méi esou ganz perfekt ass a virun allem, datt d'Basis vun der Besteuerung ee Stéck schrompt.

Et hätt ee sech theoretesch virstelle kënnen, datt d'Fongen, déi jo als Spuerform ëmmer méi beléift ginn, och mat abezu gi wäeren. Dat hätt allerdéngs bedéit, datt d'Steierbefreiung vun de sou genannte „Fonds de capitalisation“, déi bis elo gëllt, ofgeschaf an domat eng zousätzlech Steuer iwwert dëse Wee agefouert gi wär. Dat wollt d'Regierung aus verständleche Grënn net, woumat elo déi Hannerdier iwwert déi esou beléifte Fongen oder SICAVE weider op bleift. Allerdéngs däärf een net vergiessen, datt déi Hannerdier net ouni Risqué fir de Spuerer, an esouwuel d'Aklamme wéi och d'Ausklammen aus de Fongen net gratis ass.

Ënnert d'Quellesteier falen also elo just nach déi Revenuen, déi op Spuerkonten à vue oder à terme oder op Obligationscouponen ufalen an och déi Zësen, déi beim Bauspueren ufalen, an déi vun elo u mat 10% besteiert ginn, an net méi, wéi bis elo, mat 20% oder 30%, dat heescht iwwert d'Assiette besteiert goufen. Op deenen erwähntene Revenuen hält d'Bank nom 1. Januar 2006 10% an, déi se dann un d'Steierverwaltung iwwerweist, en bloc an anonym. Dobäi gëtt der Einfachheet halber keen Ennerscheid gemaach, ob et sech ëm Privat- oder Betribskonten handelt, wat mat sech bréngt, datt Entreprises, déi d'Quellesteier agehale kruten, herno op hirer Steiererklärung déi ofgehale Montanten uféiere mussen, an da kréien se se mat hirer globaler Steierschuld verrechnet.

Als ee vun de kriddelechste Punkten, wann net dee kriddelechsten, sollt sech deen am Originaltext vum Projet festgehalene Fräibetrag erweisen. Esou wéi vum Premier bei der Virstellung vun der Regierungsprogramm versprach, sollt de Klengspuerer net ënnert d'Quellesteier falen. Duerfir gouf dunnt en Abatement an d'Gesetz agebaut, deen op den übleche Fräibetrag fir Kapitalrevenuë calquéiert war an, genau wéi deen, op 1.500 Euro festgesat gouf. Dat war gutt gemengt, mä et huet net esou richtig mat deem spezielle Charakter vun där neier Aart vu Besteuerung iwwereneegestëmmt, nämlech mat deem befreienden, deem libérateur Charakter vun dëser Steuer, déi op Däitsch net vun ongeféier „Abgeltungssteuer“ an op Englesch „final tax“ heescht.

Well „libératoire“ och „anonym“ bedéit, huet sech d'Fro gestallt, wéi een dann elo mat deem Abatement ëmgoe soll, ouni mam Bankgeheimnis uneneen ze geroden. Duerfir gouf och déi éischt Léisung direkt fale gelooss, nämlech déi, déi d'Banken zwénge wollt der Steierverwaltung Clientslëschten zoukommen ze loosse, fir datt déi hätt kënnen kontrolléieren, ob keen den Abatement zweemol oder nach méi dacks an Usproch geholl huet.

An engem zweeten Ulaf sollt dann de Banke virgeschriwwen ginn, jiddfer Client e Certificat iwwert déi abehale Quellesteier ausstellen, mat deem de Client da säin Abatement bei der Steierverwaltung

hätt kënnen geltend maachen. Domat awer war d'Verwaltung an och d'Beruffskammer vum öffentlechen Déngscht net d'accord, well dat, a virun allem de Remboursement vun där Steuer – mer kenne jo aner Remboursementsformulen, notament vun der TVA –, déi ënnert dem Abattementsplaffong, dat heescht ënner 150 Euro, läit, en enormen Opwand bedéit hätt, dee beim aktuelle Personalbestand vun der Steierverwaltung net ze meeschtere gewiescht wär.

D'Finanz- an d'Budgetskommisioun huet sech doropshi misse agestoen, datt deen Abatement keng Léisung wier, an datt eppes aneschters misst fonnt ginn. No vilem Siche gouf sech dorop géee-negt, einfach déi Exemptioun, déi scho fir d'Kannerspuerbicher am Projet virgesi war, esou ze erweidern, datt och d'Klengspuerer dorënner géife falen. De Seuil gouf dunnt op 250 Euro festgeluecht, wat bei engem Zënsstand vun 2% engem Kapital vun 12.500 Euro oder enger hallwer Millioun aler Lëtzebuenger Frangen entsprécht.

Am Kloertext heescht dat, datt een, deen am Ablack zum Beispill mat senger besserer Halschent e Compte joint mat enger Millioun ale Frangen huet, dorop null Steieren ofgeknäppt kritt. Wien awer elo der Usicht ass, eng Millioun, dat wäre Peanut – där Leit gëtt et – an deen dofir de Klengspuerer zum Beispill bei dräi Milliounen usetze wëllt...

**M. Henri Grethen (DP).**- Schwätzt Dir vu Frangen?

**M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.**- Ech schwätze vu Frangen, selbstverständlech. Ech soen ëmmer al Lëtzebuenger Frangen.

**M. Henri Grethen (DP).**- Ech war elo llicht erschreckt.

**(Hilarité)**

**M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.**- Ben, et sinn och Leit...

**Une voix.**- Den Här Grethen hat scho gemengt, hie wär och bal e Klengspuerer.

**(Hilarité)**

**M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.**- Ech wollt elo soen! Also Här Grethen, sidd net erféiert, Dir sidd net an der Kategorie vun de Klengspuerer, esou wéi ech lech kennen.

**(Hilarité)**

**M. Henri Grethen (DP).**- Lauter Scholden!

**M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.**- Also, wie mengt, e misst déi bei dräi Milliounen ale Lëtzebuenger Frangen usetzen, dee sollt bedenken, datt esou en „Klengspuerer“ op deem Kapital 150 Euro, also 6.000 aler Frange vu senge 60.000 Frang Zësen ofgehale kritt. Just fir ze weisen, vu wéi enge Montanté mer hei schwätzen.

D'Exemptioun, egal wéi héich se ass, ass gewëss keng ideal Léisung, a sief et nëmmen, well d'Gefor besteet, datt d'Luusspätteren an d'Luussgiedele méi Konten opmaachen, fir méi dacks vun där Exemptioun ze profitéieren. Mä egal wéi ee sech dréit oder kéiert, et ass keng Léisung ze fannen, déi zugläich einfach an net ze opwändig ass an dobäi och nach jiddfer Abus ausschléisst.

D'Méiglechkeet, méi Konten opzemaachen, besteet, mä et gëtt nëmmen eng Exemptioun pro Persoun a pro Bank. Bleift nach déi, gläich bei enger hallwer Dose Banke Spuerkonten opzemaachen, mat allem wat dat u Fraisé bedéit, an dat nëmme fir laanscht déi 25 Euro Quellesteier ze kommen.

Do gëtt et och nach déi, déi sech net domat ufrënne kënnen, datt op 250 Euro Revenu 0 Euro Quellesteier erhuewe gëtt, bei 260 Euro awer 26 Euro. Dat ass fir si eng Ongerechtegkeet. Mä dat ass bei Seuilen, wéi mer een hei hunn,



oder och bei Palieren, wéi mer se am Steuerbarème hunn, net ze évi-  
tieren.

Et kënn een de Problem gewëss  
ëmgoen, andeem ee jiddfer Spue-  
rer einfach 25 Euro noléisst, egal  
wéi vill Zënsen hien akasséiert. Mä  
dat géif dann erëm eng nei Onge-  
rechtgkeet vis-à-vis dës Kéier vun  
de Klengspuerer bedeiten, an et  
géif en plus och nach de Fisc net  
ganz glécklech maachen.

En anere kriddeleche Punkt am  
Gesetz ass dat, wat am Artikel 9  
ënnert deem e bëssen enigma-  
tesche Begrëff „Liquidation du  
passé“ festgehalé gëtt. Hei geet et  
drëm ze verhënnern, datt iwwert  
de Wee vun der...

**(Coups de cloche de la Prési-  
dence)**

■ **M. le Président.**- Här Rap-  
porteur, Dir musst elo zum Schluss  
kommen.

■ **M. Lucien Thiel (CSV), rap-  
porteur.**- Dat wäerte mer gläich  
maachen, Här President.

**(Hilarité)**

■ **M. le Président.**- Jo, et ass  
d'Fo, wat een ënner „gläich“ ver-  
steet.

**(Interruptions)**

Neen, ech muss oppassen. Dir  
sidd elo geschwënn dräi Minutten  
iwwert d'Zäit.

■ **M. Lucien Thiel (CSV), rap-  
porteur.**- Här President, dat hei ass  
esou e komplizéiert Gesetz: Wéi  
soll een dat an esou kuerzer Zäit  
erklären, fir datt och jiddereen et  
versteeft? Souguer an dësem Haus,  
mengen ech,...

■ **Plusieurs voix.**- Ooohhh!

■ **M. Lucien Thiel (CSV), rap-  
porteur.**- ...ass e gewëssene Be-  
darf un Informatioun.

■ **Une voix.**- Très bien.

**(Interruptions diverses)**

■ **M. le Président.**- Gutt, Här  
Rapporteur.

■ **M. Lucien Thiel (CSV), rap-  
porteur.**- Voilà. Also, ech schwätze  
vun der „Liquidation du passé“. Hei  
geet et drëm fir ze verhënnern,  
datt iwwert de Wee vun der  
Quellesteier Informatiounen fir  
d'Steierverwaltung kënnen eraus-  
sprangen, déi dann zu Nofuer-  
schunge verleede kënnen.

**(Coups de cloche de la Prési-  
dence)**

An deem Kontext ass awer e bësse  
séier vu Steueramnestie geschwat  
ginn, grad wéi wann elo schwaarz  
Suen op ee Coup doduerch wäiss-  
gewäsch géifen, datt se ënnert  
d'Quellesteier falen. Op jidde Fall  
gëtt mat deem heite Gesetz déi  
bestehend Steiergesetzgebung  
net ausser Kraaft gesat, no där de  
Fisc nach fënnef Joer zrëck d'Ori-  
giné vu Verméigenswäerter kontrol-  
léieren an de Steierzueler eventuell  
nodréiglech zur Keess biede kann.

Munches, wat bei Ausaarbechtung  
vun dësem Projet Kappzerbrieches  
bereet huet, hänkt domat zesum-  
men, datt mir hei eigentlech Nei-  
land betrieden. Mir hu bis elo keng  
libérateur Quellesteier kennt, déi a  
gewësser Hisiicht e Broch mat eier-  
seier traditioneller Besteuerung be-  
deit. De Statsrot huet zu Recht do-  
rop higewisen, wéi hie gemengt  
huet, et hätt ee sech méi Zäit solle  
loossen, fir ze kucken, ob dëse  
Quellesteier-Modell sech net méi  
breet géif uwende loossen. Et sollt  
een déi Iddi opgräifen a sech a  
Rou Gedanken doriwwer maachen,  
awéifern déi Quellesteier sech op  
aner Kapitalertråg zum Beispill  
ausdehne léisst.

Déi Motioun, déi ech lech elo däerf  
iwwerreechen, Här President, geet  
an déi Richtung.

■ **M. le Président.**- Merci.

**Motion 2**

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le projet de loi  
portant introduction d'une retenue  
à la source libérateur sur certains  
intérêts produits par l'épargne mo-  
bilière constitue une étape intéres-  
sante dans l'évolution de notre fis-  
calité;*

*- estimant en particulier que la re-  
tenue à la source, déjà largement  
utilisée dans notre pays pour les  
salaires, traitements, pensions et  
rentes, est un procédé d'une  
grande efficacité administrative  
permettant de réduire la charge  
administrative et de libérer ainsi les  
fonctionnaires des Contributions  
pour les tâches de contrôle et de  
poursuite des fraudeurs;*

*- considérant que cette même rete-  
nue à la source permet un traite-  
ment équitable de tous les contri-  
buables et élimine ainsi les possi-  
bilités de fraude, source d'injustice  
fiscale et sociale;*

*- considérant en outre que le ca-  
ractère libérateur de cette retenue  
contribue également à simplifier le  
travail de l'administration et ajoute  
à la transparence de l'opération fis-  
cale;*

*- rejoignant le Conseil d'État dans  
ses considérations selon les-  
quelles il serait intéressant de „re-  
définir dans son ensemble les re-  
venus susceptibles d'être soumis à  
une retenue à la source libérateur“  
et de procéder à un „examen ap-  
profondi et objectif de l'état des  
lieux“, étant donné „les comporte-  
ments de non-déclaration d'impôt  
de capitaux ou de revenus sur ca-  
pitaux par beaucoup de contri-  
buables dans le passé“;*

*- constatant que l'abolition de l'im-  
pôt sur la fortune des personnes  
physiques constitue le corollaire de  
l'introduction de la retenue à la  
source de certains revenus de ca-  
pitaux;*

*invite le Gouvernement*

*- à procéder à un examen appro-  
fondi de la situation des revenus  
de capitaux des contribuables ré-  
sidents, actuellement soumis à  
l'impôt sur le revenu par voie d'as-  
siette, en vue d'étendre la retenue  
à la source libérateur à ces reve-  
nus;*

*- à évaluer les effets de la loi à la fin  
de l'exercice fiscal 2006;*

*- à analyser si le montant de l'abat-  
tement de 250 euros fixé par la loi  
suffit à libérer effectivement les pe-  
tits épargnants de la retenue à la  
source;*

*- à présenter, le cas échéant, des  
amendements au vu des conclu-  
sions de cet examen.*

*(s.) Lucien Thiel, Ben Fayot, Nor-  
bert Haupt, Paul-Henri Meyers,  
Laurent Mosar.*

■ **M. Lucien Thiel (CSV), rap-  
porteur.**- Op alle Fall wär den Exer-  
cice, fir sech méi breet Gedanken  
ze maachen, d'Méi wäert, well  
d'Ofgeltungssteier versprécht  
gläich an duebeler Hisiicht Reme-  
dur ze schafen: Engersäits do-  
duerch, datt se de Verwaltungso-  
pward staark reduzéiere kënn, an  
anerersäits, well se fir eng Be-  
steuerung géif suergen, déi à la fois  
méi gerecht a méi effikass wier,  
well se der Steierhannerzéiung  
keng Chance méi loosse géif.

Här President, et gouf scho gesot,  
datt déi ganz Operatioun, ëm déi et  
hei geet, a budgetärer Hisiicht eng  
Nulloperatioun gi soll, well dat, wat  
op där enger Säit mat der Verméi-  
genssteier verluer geet, op där  
anerer iwwert d'Quellesteier erëm  
erakënn. Deen Déchet,...

**(Coups de cloche de la Prési-  
dence)**

■ **M. le Président.**- Dir Dam-  
men an Dir Hären, wa mer dem  
Rapporteur schonn esou vill Zäit  
ginn, da loosse mer em och no-  
lauschteren.

**(Hilarité)**

**(Interruption)**

Dir vläicht, Här Grethen, anerer  
awer net.

**(Interruption)**

■ **M. Lucien Thiel (CSV), rap-  
porteur.**- Merci, Här President.

Deen Déchet, mat deem duersch  
d'Ofschafe vun der Verméigens-  
steier gerechent gëtt, soll sech op  
22 Milliounen Euro belafen. Am  
Budget fir dat anert Joer stinn dofir  
ënnert der Rubrik „Verméigens-  
steier“ nëmme méi 100 Milliounen  
Euro – dat sinn déi Recetten, déi  
weiderhi vun de Betriber kommen.

Eng zweet Moins-value wäert do-  
duerch entstoen, datt d'Zënsreve-  
nuen net méi bei der Akommes-  
steier ufalen. Do gëtt mat engem  
Ausfall vu 15 Milliounen gerechent.  
Dat mécht zesumme 37 Milliounen  
Euro.

Deem stinn op där anerer Säit déi  
40 Milliounen géigeniwwer, déi de  
Budgetsminister als Erwaardung  
un déi nei Quellesteier ageschriw-  
wen huet, esou datt dat Ganzt sech  
plus ou moins ausgläiche wäert.

Natierlech handelt et sech bei deen  
erwaarte 40 Milliounen ëm eng  
Schätzung, well et ass schwéier  
am Virus ze soen, wat vu Quelle-  
steier erakënn. E puer Milliounen  
wäerten et op jidde Fall sinn, well  
déi komme jo elo schonn iwwert de  
Wee vun der Steiererklärung eran.  
Beim Rescht misst et sech dann  
ëm d'Quellesteier op deenen Zëns-  
revenueen handelen, déi bis elo ni  
erfaasst goufen, well se a kenger  
Steiererklärung opgedaucht sinn.

Här President, Kolleeginnen a Kol-  
leegen, ech hunn am Ufank gesot,  
déi relativ grouss Opreegung, déi  
dëse Projet ausgeléist hätt, wär op  
seng verschidden Originen an Zil-  
setzungen zrëckzeféieren. Mä et  
gëtt gewëss nach en zweete Grund  
fir dat villt Gedeessems ëm dëst  
Gesetz, e Grund, deen allerdéngs  
net gären agestane gëtt. Déi sël-  
chen Opreegung deit nämlech do-  
rop hin, datt et huer nach ewell méi  
si kënnen, déi iwwert d'Quelle-  
steier elo an d'Keess gebiede ginn,  
nodeem se jorelaang derlaanscht  
komm sinn, well se ëmmer erëm  
vergiess hunn, hir Spuerrevenueen  
unzeginn. De Budgetsminister huet  
bestëmmt näischt dergéint, an Är  
Chamber wuel och net,...

■ **Une voix.**- Neen!

■ **M. Lucien Thiel (CSV), rap-  
porteur.**- ...an déi vill éierlech  
Steierzueler am Land scho guer  
net, wann elo iwwert dëse Wee fir  
méi Steiergerechtgkeet gesuergt  
gëtt an de Stat zu deem kënn, wat  
him zousteet.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**-  
Oh, sot nach „très bien“!

■ **M. le Président.**- Merci, Här  
Rapporteur. Den éischte Riedner,  
deen ageschriwwen ass, ass den  
honorablen Här Mosar. Här Mo-  
sar, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**-  
Dat do kënnen den Här Glesener  
an den Här Spautz einfach esou  
alles mat ënnerschreien...

**(Coups de cloche de la Prési-  
dence)**

■ **M. le Président.**- Här Gibé-  
ryen, soll ech lech nach eng Kéier  
aschreien?

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**-  
Jo, mä et huet missen direkt gesot  
ginn.

**(Hilarité)**

**Discussion générale**

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**-  
Här President, Dir Dammen an Dir  
Hären, de Projet de loi iwwert  
d'Quellesteier an d'Ofschafung vun  
der Verméigenssteier huet an  
deene leschten Deeg a Woche fir  
vill Wellen, net nëmmen an dësem  
Haus, mä och dobaussen, ge-  
suergt. Vill falsch Informatiounen,  
Onwourecchten a Verdréiunge sinn  
an d'Welt gesat ginn, an ech wëll  
haut an hei...

**(Coups de cloche de la Prési-  
dence)**

...vun der Geleeënheet profitéie-  
ren, eng Rei vu Punkte kloerzestel-  
len.

De Rapporteur vum Projet, mä  
Fraktiounskolleeg Lucien Thiel,  
huet souwuel a sengem schrëft-  
leche wéi mëndleche Rapport eng  
Feinanalys vun der Situatioun ge-  
maach, an ech géif him och wëllen  
am Numm vu menger Fraktioun  
eise Merci ausriichte fir déi Aart a  
Weis, op déi en eng komplex Ma-  
tière einfach duergestallt huet a  
jiddferengem déi Neierungen, déi  
an dësem Gesetz festgeschriwwen  
solle ginn, verständlech gemaaht  
huet.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**-  
Här President, ier ech op déi méi  
kriddelech Punkte vun dësem Pro-  
jet de loi aginn, erlaabt mer zwou  
Virbemierkungen.

Éischtens wëll ech nach eng Kéier  
op den Historique vun dësem Pro-  
jet agoen, deem seng Origine – an  
de Rapporteur huet et schonn ën-  
nerstrach – a sech schonn an der  
Deklaratioun zur Lag vun der Na-  
tioun vum 20. Mee 2003 läit. An där  
Deklaratioun hat de Statsminister  
ugekënnegt, datt d'Spuere vun  
haut an d'Consomméiere vu muer  
steuerlech méi gönschteg géife  
gestalt ginn. Hien hat deemools  
ugekënnegt, datt nom A-Kraaft-  
Triede vun der europäescher Quel-  
lesteier och spéitstens am Joer  
2005 eng national Quellesteier sollt  
agefouert ginn. Am Koalitiounsac-  
cord vun 2004 respektiv an der Re-  
gierungserklärung vum 4. August  
2004 ass op d'Noutwendgkeet  
vun enger nationaler Quellesteier  
op verschiddene Kapitalertråg hi-  
gewise ginn.

Firwat nach eng Kéier op dësen  
Historique zrëckverweisen? Mä  
einfach fir dëse Projet a säi rich-  
tege Kontext ze setzen. Ech wëll  
drun erënnern – an de Rapporteur  
huet et virdrun och scho gemaaht  
–, datt am Moment eigentlech all  
Zënsertråg am Prinzip mam  
duerchschnëttleche Steiersaz be-  
steiert ginn, deen zwëschen 10 an  
38% läit. Säit dem 1. Juli 2005 hu  
mer eng europäesch Quellesteier,  
déi sech elo emol bis 2007 op 15%  
beleeft, op 20% bis 2010, an  
duerno op 35%.

D'Situatioun ass also elo déi, datt  
säit dem 1. Juli vun dësem Joer  
Netrésidenten op hiren Zënsertråg  
an der Moyenne wesentlech man-  
ner Steiere bezuelen, wéi de Steier-  
zueler, dee säi Wunnsätz hei zu  
Lëtzebuerg huet. An dëst, Dir  
Dammen an Dir Hären, ass dann  
och eng vun den Ursachen, firwat  
d'Regierung esou eng national  
Quellesteier wëllt aféieren. Et geet  
also drëm, fir ze vermeiden, datt  
Steierzueler, déi hei zu Lëtzebuerg  
wunnen, fiskalesch manner gutt  
behandelt ginn, wéi Steierzueler,  
déi nëmme Bankkonten an eisem  
Land hunn, awer net hei wunnen.  
Dës ongläich Behandlung ass vun  
enger Rei vu Riedner am Kader  
vun der Diskussioun zum Projet de  
loi iwwert d'europäesch Zënsbe-  
steuerung och hei opgeworf ginn.

Et muss een deemno ëmsou méi  
verwonnen, datt elo op gewës-  
ene Bänken esou gemaaht gëtt,  
wéi wann ouni eng besonnesch  
Noutwendgkeet d'lëtzebuergesch  
Regierung kuerz virun de Feier-  
deeg emol décidéiert hätt, eng na-  
tional Quellesteier anzeféieren. Et  
geet also virun allem emol drëm,  
duerch dëst Gesetz de Steierzue-

ler zu Lëtzebuerg net méi héich ze  
besteieren, wéi deejeinegen, dee  
just seng Konten hei huet, ouni  
awer an dësem Land ze wunnen.

Zweet Bemierkung, zum Ofschafe  
vun der Verméigenssteier: De Rap-  
porteur huet a sengem schrëft-  
leche Rapport en Historique iwwert  
d'Aféiere vun der Verméigenssteier  
fir Privatpersounen gemaaht, déi a  
sech op d'Besatzung vun 1940  
duerch Nazi-Däitschland zrëck-  
geet. Dës Verméigenssteier gëtt  
am Moment mat engem Taux vun  
0,5% um besteeierbare Verméigen  
erhewen.

Ënnert dës besteeierbar Verméige  
fale fir d'éischt dat Verméigen, wat  
an eng landwirtschaftlech Exploita-  
tioun investéiert gëtt; zweetens, déi  
onbebauten oder bebauten Im-  
meublen, déi net ënner esou eng  
landwirtschaftlech Exploitatioun  
oder eng aner kommerziell, indus-  
triell Entreprise fale respektiv an de  
fräie Beruff; drëttens, d'Kapital, dat  
an esou eng Entreprise investéiert  
ginn ass, a véiertens all mobiliär  
Gidder, déi net duersch eng speziell  
Dispositioun vun dëser Steier exo-  
nériert ginn. All dës Elementer fa-  
len also an d'Assiette vun der Ver-  
méigenssteier.

Vun dëser Verméigenssteier ass  
also net, wéi dat esou oft duerge-  
stallt gëtt, nëmmen de Grouss-  
grondbesëtzer oder de Patron vun  
enger Entreprise beträff, mä och  
de klenge Rentner, dee Propriétaire  
vu sengem Haus ass an deen an  
de leschte Jore vun engem  
grousse Wäertzouwuess vun allen  
Immobilie profitéiert huet. Et ass  
also falsch, fir ze behaapten, d'Ver-  
méigenssteier géif nëmmen déi  
sou genannt verméigend Leit tref-  
fen an net déi manner bemëttelt  
Bierger.

Wann ech elo méi genau hanner-  
froen ginn, wat fir eng Länner an Eu-  
ropa iwwerhaupt nach eng Verméi-  
genssteier hunn, esou sinn et der  
vun deene 15 ale Memberlänner  
op den Datum vum 1. Mee 2004  
nach ganz genau sechs ge-  
wiescht. Niewent Lëtzebuerg nach  
Spuenien, Finnland, Frankräich,  
Griichenland a Schweden.

Dobäi muss ee wëssen, datt d'Fin-  
nen nach am Laf vun dësem Joer  
hir Verméigenssteier wäerten of-  
schafen, sou datt um Enn vun dë-  
sem Joer nach ganz genau véier  
Länner iwwerhaupt eng Verméi-  
genssteier wäerten erhewen.

Et kënn derbäi, datt Enn Oktober  
och Frankräich d'Verméigenssteier  
esou reduzéiert huet, datt och net  
méi vill dovun iwwreg bliwwen ass.

A souguer a Schweden sollen  
d'Ierfschaftssteier an d'Schen-  
kungssteier komplett ofgeschaaft  
ginn an d'Verméigenssteier sub-  
stanzuell reduzéiert ginn.

An Däitschland gëtt par ailleurs  
d'Verméigenssteier net méi opge-  
hewen, säit d'Verfassungsgericht  
vu Karlsruhe déi ënnerschiddlech  
Bewäertung vun deene verschie-  
dene Verméigensarten als verfas-  
sungswiddreg bewäert huet an do-  
mat och de facto der Verméigens-  
steier hir legal Basis entzunn huet.

Firwat ass an all dëse Länner  
d'Verméigenssteier ofgeschaaft gi  
respektiv gëtt se net méi uge-  
wennt? Hei gëtt et eng Rei vu  
Grënn.

Éischtens ass d'Verméigenssteier  
eng Steier, déi en enorme Käschte-  
punkt um Niveau vun der Gestiou  
huet, deen net a Relatioun steet  
mat hirem Rendement. Zweetens  
ass et eng Steier, déi d'Flucht vum  
Kapital encouragéiert, an drëttens  
ass et och nach eng fiskalesch on-  
gerecht Steier, well se eng Rei Pri-  
vatpersounen oder Entreprisé  
steuerlech beongënschtegt. Ech hu  
virdrun d'Beispill vum klengen Rent-  
ner ginn. Datselwecht gëllt och fir  
Enterprisen, déi, ouni datt se ier-  
gendwéi géifen en Euro Benefiss  
maachen, trotzdeem misste Ver-  
méigenssteier bezuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir  
Hären, wann ech hei elo wollt eng  
komparativ Analys maachen, esou



ass dat fir ze beweisen, datt et bei der Ofschafung vun dëser Steuer iwwerhaapt net drëm geet, fir vermiegend Leit steuerlech manner ze belasteschen, mä eis einfach dem europäeschem Ëmfeld unzepassen. Ech kann dofir och absolut net déi Kritiken novollzéien, déi d'Ofschafung vun der Verméigenssteuer als eng sozial ongerecht Moossnam wëllen duerstellen, déi d'Regierung nach géif a budgetär méi schwierigen Zäiten huelen. Datt dat net wouer ass, bewiese jo all déi Beispiller, déi ech lech virdru virgedroen hunn, wou Regierungen vun alle méigleche politesche Faarwen an engem wesentlech méi schwéiere budgetären a finanziellen Ëmfeld dës Steuer ofgeschafft hunn.

Wann dës Measure als Nieweneffekt huet, eng Rei vun auslännesche Matbierger mat hirem Kapital op Lëtzebuerg ze zéien, ass dat sécherlech am Interessi vun enger proaktiver Nischepolitik vun eiser Finanzplaz.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech elo mat verschiddene Kritike befaassen, déi an de leschten Deeg ëmmer erëm géint verschidden Dispositione vun deemem Projet ugefouert gi sinn.

Eng éischt Kritik, déi am vehementste vu verschiddene Säiten an d'Feld gefouert gëtt, ass déi, datt elo géif d'Regierung deene sou genannte kleng Spuerer op de Pelz réckelen. Ech géif heimat net méi wëllen op d'Ursaachen agoen, firwat den ursprüngelech virgesinnenen Abatement vu 1.500 Euro schlussendlech net méi zrëckbehale ginn ass: De Rapporteur huet dat in extenso gemaach. Ech wëll just nach emol betounen, datt a sech d'Finanzkommissioun mat der Regierung eens war, weinst deem enorme personellen Opwand um Niveau vun der Steierverwaltung, op deen Abatement ze verzichten an no anere Weeër ze sichen, fir de Klengspuerer net steuerlech ze belasteschen, an ech muss lech soen, datt déi Léisung, déi mer fonnt hunn, eng kloer, einfach an och administrativ net ze vill schwéierfällg ass.

Eng éischt Feststellung, déi een hei muss maachen, ass, datt mer bis elo an eiser Steiergesetzgebung nach keng Definition hunn, wat e kleng Spuerer ass, wou en ufänkt a wou en ophält. D'Gesetz huet elo emol de Mérite, dës kleng Spuerer ze definéieren, andeem et vun engem steierfräie Betrag vu 25 Euro Zënse schwätzt, wat am Moment mat deem normalen Zënssaz e Kapital vun 12.500 Euro oder 500.000 al Lëtzeburger Frang ausmécht.

Wann een dovun ausgeet, datt zum Beispill eng Koppel zwee esou Konten huet, brauch se also an Zukunft bis zu engem Betrag vun 2 x 500.000, also enger Millioun al Lëtzeburger Frang keng Steieren op den Zënsträgg ze bezuelen. Déi jeeneng Koppel, déi zesummen iwwer eng Millioun al Lëtzeburger Frangen op deenen zwee Konten huet, bezilt dann am Fall, wou deen een da 500.000 an deen anere 750.000 där aler Frang op engem Kont huet, ganz genau 37,50 Euro Steiere pro Joer.

Bis elo war et esou, datt all Steierzueler huet missen dës Zënse op senger Steierdeklaratioun deklaréieren, déi dann och an d'besteierbar Assiette gefall sinn, an dës Steierzueler huet dann zwëschen 10 oder 38% Steieren heirobber bezuelt, also an der Moyenne wesentlech méi wéi dat, wat se muer wäerten op dës Zënse bezuelen. Et ass also net, wéi dat elo versicht gëtt duerzestellen, datt déi Leit mat kleng Spuerkonte méi schlecht an Zukunft wäerte steuerlech behandelt ginn, wéi dat bis elo de Fall war, mä just de Géigendeel ass richteg.

Ech wëll d'Fro hei opwerfen, wéi vill Steierzueler, déi zum Beispill méi wéi eng Millioun al Lëtzeburger Frang op hire Spuerkonten hunn, bis elo keng Steieren opdësen

Zënse bezuelt hunn. Et wär emol interessant, hei méi genau Zuelen doriwwer ze kréien. Ass et net vläicht esou – an de Rapporteur huet et virdrun och scho gesot –, datt vill vun dësen Zënsträgg bis elo laanscht d'Steier geschleist gi sinn?

Fir meng Fraktioun – an duerfir ënnerstëtze mir déi Motioun, déi och virdru vum Rapporteur hei erageeicht ginn ass – ass et allerdéngs wichteg, datt een e Bilan mécht no engem Joer, fir ze kucken, ob dee Fräibetrag vu 25 Euro duergeet an ob een deen net eventuell misst à la hausse nei definéieren. Mir wäerten duerfir och déi Motioun stëmmen.

Ech wëll dann och an deem Kontext ënnersträichen, datt aner Kapitalrevenuë steuerlech net méi begënschtegt sinn, wéi d'Spuerkonten, esou wéi een dat och aus enger Rei vu Kritike kann erausliesen. Wat zum Beispill d'Bauspueren ubetrëfft, ass et jo esou gewiescht, datt ganz am Ufank d'Bauspuere sollt ënnert d'Quellesteier falen, duerno ass se awer erëm erausgeholl ginn, an dat op Wonsch vun deene concernéierte Kreesser. Elo ass et awer erëm esou, datt mer decidéiert hunn en fin de compte, datt mer trotzdeem d'Bauspuerkonten ënnert d'Quellegesetz géife fale loossen.

Do gëtt elo zu Onrecht vu verschiddene Säiten argumentéiert, déi Bauspuerkonte géifen elo méi schlecht ewechkommen, wéi normal Spuerkonten. Duerfir sinn dann och eng ganz Rei vu Kritike formuléiert ginn. Ech kann duerfir awer déi Kritik, besonnesch vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, net novollzéien, déi an hirem leschten Avis behaupt hunn, dës Spuerkonte géifen elo vill méi schlecht wéi all aner Kapitalerträg a Spuerkonte behandelt ginn.

Dës, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass ganz einfach faktesch falsch. D'Bauspuerkonte ginn an Zukunft genausou favorabel behandelt, wéi all aner Spuerkonten. Wann allerdéngs d'Fuerderung déi sollt sinn, datt dës Zort vu Spuerkonten iwwerhaapt net steuerlech erfaasst sollt ginn, da soll een dat kloer an däitlech zum Ausdrock bréngen. Da kann d'Äntwert, zumindest vu menger Fraktioun, nëmmen déi sinn, datt mer esou eng steuerlech Extrabehandlung vu Bauspuerkonten net kënnen akzeptéieren, well dat jo eng riseg Ongerechtheet par rapport zu all anere Spuerkonte géif duerstellen.

Wat elo déi steuerlech Behandlung vun anere Kapitalerträg ubetrëfft, esou wëll ech ënnersträichen, datt am Géigesaz zu deem, wat och ëmmer erëm esou duerch d'Landchaft colportéiert gëtt, d'Dividenden enger Quellesteier vun 20%, also genau deem duebele Steiersaz, ënnerleien, wéi d'Zënserträg op Spuerkonten. Och d'Plus-valuë vu majoritäre Participatiounen a Gesellschaften ënnerleien enger wesentlech méi héijer Besteuerung. Et ass also net esou, datt hei nëmmen Zënserträg géifen enger Steuer ënnerleien an all déi aner Kapitalerträg net.

Wat elo d'SICAVen ubetrëfft, esou ass et richteg, datt just d'SICAV capitalisantes, wéi se am Fachjargon genannt ginn, net besteierbar sinn, wann ee se méi wéi sechs Méint a sengem Portefeuille hat. All aner SICAVe falen ënnert déi normal besteierbar Assiette.

Ech wëll duerfir och warne virun all deene Publicitéiten, déi een an deene leschten Deeg an de Medie kann héieren, an déi d'SICAVen alleguerten an datselwecht Steierdéppe geheien, an de Leit dobaussen d'Illusioun vermëttelen, datt se, wa se hiert haart erspuert Geld heiranner géifen investéieren, vun all Steierlaascht befreit wäeren. Dës ass also formell net richteg, well et sech just op déi sou genannte „SICAV capitalisantes“ bezitt, an nach nëmmen, wann ee se also mindestens sechs Méint a sengem

Portefeuille titres hält. A souguer da muss ee jo awer wëssen, datt am Géigesaz zu den Zënserträg op klassesche Spuerkonten de Wäert an d'Ertrag vun esou SICAV capitalisantes vun der Entwécklung op eisen Aktiemäert ofhängeg sinn, esou datt dës Form vu Kapitalertrag net ouni Risiko ass, am Géigesaz zu deene klassesche Spuerkonten.

Här President, e lescht Wuert zu der Liquidatioun vum Passé, esou wéi se am Artikel 9 festgeschriwwen ass. Och hei ass et net esou, datt d'Besëtzer vu sou genannte schwaarze Konten, elo duerch d'Bezuele vun där 10%eger Quellesteier um steuerleche Plang géife komplett wäissgewäsch ginn. Dës Verbuert, fir Informatiounen iwwer ugefallen Zënsertrag weiderzeginn, spillt nëmmen a ganz eleng fir déi Zënsertrag, déi ugefalle sinn. Dat bedeit, datt d'Steierverwaltung dës Zënsertrag net méi ka retroaktiv besteieren. Dës heescht allerdéngs net, datt de Steierzueler vun enger kompletter Steueramnestie, fir déi net deklaréiert Fonge géif profitéieren, mä d'Steierverwaltung kann zum Beispill den Ursprung vun dësen Fongen hannerfroen, mat alle Konsequenzen, déi sech heirauser fir de Steierzueler kënnen erginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen domadder zum Schluss. Meng Fraktioun wäert dës Projet stëmmen, well mir dovun iwwerzeegt sinn, datt et e gudde Projet ass:

1. Well en de Steierzueler hei zu Lëtzebuerg net méi schlecht behandelt, wéi deejéinegen, deen net an eisem Land leeft, an nëmmen hei e puer Bankkonten ënnerhält;
2. well e fir déi grouss Majoritéit vun de Steierzueler eng substanzuell Erliichterung par rapport zu der aktueller Situatioun duerstellt;
3. well en eng kloer Definitioun vum Klengspuerer gëtt, deen dann och fräigestallt gëtt vun all Steuer op den Zënse vu senger Spuerkonten;
4. well en eng antiwirtschaftlech Steuer, nämlech d'Verméigenssteuer, ofschafft a sech domadder där iwwergrousser Majoritéit vun aneren europäesche Staaten uschléisst;
5. fir all Bierger hei am Land weider d'Bankgeheimnis ofséchert, a
6. – an dat ass fir mech a meng Fraktioun wuel dee wesentlechste Grond –, well en an Zukunft, duerch d'Aféiere vun der Quellesteier, deen éierleche Steierzueler net méi wäert benodeelege par rapport zu deem, dee virgezunn huet seng Spuerkonten der Steierverwaltung an domadder der Steuer virzëenthalen.

Eleng aus deem leschte Grond eraus kann ech mer eigentlech net virstellen, datt iergendeng Fraktioun, déi et eescht hält mat der Steieréierlecheet, géint dës Projet wäert stëmmen.

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Mosar. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Claude Meisch. Här Meisch!

■ **M. Claude Meisch (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no laangen Diskussiounen hei an dësem Haus, an der Öffentlecheet, ganz besonnesch intensiv am Laf vun deene leschten zwee Méint, zënter de Projet hei déposiert ginn ass, kënn et dann elo zur Diskussioun an zum Vote vun deem Projet. E bëssen erstaunt kann een awer sinn, wann ee feststellt, datt hei vun der Majoritéit vun der Regierung e Projet am Oktober an d'Chamber kënn, deen da soll am Dezember gestëmmt ginn, a

gläichzäiteg d'Majoritéitsparteien...

**(Coups de cloche de la Présidence)**

... eng Motioun maachen, wou se schonn d'Zweifelen dorun äusseren, ob dee Projet da wierklech esou gutt ficeléiert ass, wéi ee sech dat kéint oder hält missen erwaarden. Dat ass sécherlech net üblech an dësem Haus.

Duerfir froen ech mech eigentlech och, firwat deen dote Wee elo gewielt gëtt, fir direkt eng gewëssen Incertitude erëm mat ze seéinen. Incertitude, déi mat Sécherheet groussgeschriwwen ginn ass am Laf vun deene leschte Wochen, bei all deem, wat iwwert dës Projet gezielt a geschriwwen ginn ass. Bei all deene kontroversen Diskussiounen an deene Behauptungen, déi virun allem och net gestëmmt hunn, déi an der Öffentlecheet einfach esou emol geäussert gi sinn, dréit dës Motioun mat Sécherheet net derzou bäi, datt d'Vertrauen an dat, wat mer hei gemaach hunn, an d'Vertrauen och an d'Finanzpolitik an an d'Steierpolitik vun der Regierung méi grouss ginn.

Mir wëssen awer, wa mer am Perimeter vun der Finanzplaz eppes un der Besteuerung änneren, datt et do ganz besonnesch wichteg ass, datt d'Leit dobaussen, hei am Land an an anere Länner, kënnen Vertrauen an dat hunn, wat d'öffentlech Hand op deem Niveau do mécht.

Näischdestotrotz wësst Der, datt d'Demokratesch Partei zu dësem Projet an zu der Grondiddi steet. An ech wëll och besonnesch dem Rapporteur Merci soe fir seng Explikatiounen, souwuel déi am schréfflechen, wéi och am mëndleche Rapport. Hien ass dorop agaangen, datt dat heite jo eng gewësse logesch Suite ass vun der Quellesteier, déi mir fir d'Netrésidenten agefouert hunn, wou mer elo bei engem Taux da vu 15% leien, dee jo awer nach iwwert déi nächst Jore wäert eropgoen.

Wa mer da wëssen, datt mer haut eng duerchschnëttlech Besteuerung nach iergendzwoosch tëschent 10% an 38% vun de Kapitalertrag vun de Résidenten hunn, da gesi mer ganz, ganz schnell, datt d'Résidenten eigentlech hei déi sinn, déi momentan désavantagéiert sinn, an datt dorausser eleng schonn e gewëssenen Handlungsbedarf besteet, fir och eng Solution fir d'Résidenten ze fannen.

Den Objektiv vun der Grondiddi vun dësem Projet, dee mer hei diskutéieren, ass, fir ënner anerem och d'Spueren ze erliichteren an ze favoriséieren. Et ass sécherlech net schlecht, wann d'Leit, dee kleng Spuerer an och dee grouse Spuerer, et méi einfach gemaach kréien, an en Ureiz kréien, fir Geld op d'Säit ze leeë fir méi schlecht Zäiten, fir hir Nokommen; eng vun deenen Iddien, déi vläicht bei der Diskussioun ëm dës Projet bis ewell ze kuerz komm ass.

En anert Argument, firwat ee mat dësem Projet kann d'accord sinn, ass, datt och de Rapatriement vu Gelder a vu Kapital, déi bis elo am Ausland placéiert waren, op Lëtzebuerg favoriséiert a vläicht méi einfach doduerch gemaach gëtt; datt et gläichzäiteg dann och évitéiert gëtt, datt d'Kapital, dat momentan hei bei eis am Land placéiert ass, sech e Wee an d'Ausland sicht, an datt mer gläichzäiteg dann awer och probéiert hunn, mat dësem Projet d'Bankgeheimnis ze wahren. Mir hunn also e Wee fonnt, eng Quellesteier anzeféieren, ouni datt dee geréngsten Doute um Bankgeheimnis herno kéint bestoen. An da war et jo awer och d'Zil – an och dat, mengen ech, soll een offe soen –, fir vläicht eng nei Nisch fir d'Bankplaz opzemaachen, fir nei zousätzlech Clientë kënnen fir d'Bankplaz Lëtzebuerg ze gewannen.

Déi Solution, déi eben do fonnt ginn ass an déi deenen ënner-

schiddlechen Objektiv Rechnung dréit, ass d'Aféierung vun enger Retenue à la source libérateur vum 10% op Kapitalertrag, dat fir déi physisch Persounen, a gläichzäiteg d'Ofschafung vun der Verméigenssteuer, dat – wéi gesot – och fir déi physisch Persounen, woubäi besonnesch dat jo e Punkt ass, dee ganz ideologesch diskutéiert gëtt, mä woubäi dat jo awer och e Punkt ass, wou mer – wa mer, mengen ech, wéi et de Rapporteur richteg gemaach huet, d'Analys maachen: Wou besteet nach eng Verméigenssteuer an Europa a wou besteet se schonn net méi? – eigentlech déi Diskussiounen ideologesch kéinte féieren an dat och roueg an engem europäesche Kontext kéinte gesinn, an och an engem konkurrenzuelle Kontext mat anere Länner. Wa mer wëllen, datt weiderhi Kapitalien hei zu Lëtzebuerg placéiert bleiwen an datt si sech net lues a lues an aner Länner verlüchtgen, dann ass dat sécherlech de richtige Wee.

Et ass eben elo emol festgehale ginn, fir déi Retenue à la source do op d'Zënsertrag ze limitéieren. Ob dat richteg ass oder net, dat soll da jo och nach eng Kéier diskutéiert ginn. Et ass ebe gläichzäiteg och festgehalten, datt dee kleng Spuerer besonnesch avantagéiert gëtt bei dësem Projet de loi, datt eben d'Zënsertrag bis 250 Euro net besteiert solle ginn, an datt eben och an engem gewëssene Sënn eng Liquidation du passé an dësse Projet mat agefloss ass, datt eben och fir de Rapatriement e Stéck ze erliichteren, woubäi mer jo wëssen – an den Här Mosar huet et gesot –, datt déi Liquidation du passé och hir Limité wäert hunn an datt dat kee Fräifahrtsschäin ass fir all déi, déi sech an der Vergaangenheet net esou richteg un dat eent oder dat anert gehalten hunn.

Dësse Projet de loi wäert jo och seng Implikatioun op de Budget hunn. Bei de Budgetdiskussiounen si mer schonn dorobber agaangen. Et stoung jo och schonn am Budget fir 2006, d'Ofschafung vun der Verméigenssteuer wäert eng Moins-value ausmaache vun 22 Milliounen Euro, woubäi een awer gläichzäiteg do muss soen, datt grad d'Andreiwéi vun der Verméigenssteuer och extrem opwändeg war, an datt dat jo awer dann och manner Aarbecht, manner Opwand wäert bedeiten an Zukunft, datt do Leit, déi sech bis elo mat deenen Dossiere beschäftegt hunn, eigentlech aneschtlers kënnen agesat ginn.

Dat wat bis elo jo aus Zënse vu Kapitalertrag versteiert ginn ass, well et dann deklaréiert ginn ass vun deene Leit, déi éierlech waren an hir Zënsertrag deklaréiert hunn, dat fällt jo dann an dësem Sënn ewech. Dat wäerten eng 15 Milliounen Euro gewiescht sinn, wa mer dat zesummerechnen, eng Moins-value vu 37 Milliounen Euro. Do dergéint huet de Budgetminister am Budget eis an Aussicht gestallt, datt déi nei Retenue à la source da fir d'Résidentë 40 Milliounen wäert erabréngen, datt dat also ënnert dem Stréch opgeet, woubäi een natierlech muss soen, datt déi Indikatiounen do ganz, ganz vag sinn, well haut eben nach kee weess, wéi d'Leit wäerten an Zukunft reagieren.

Ob Leit, déi bis ewell hir Suen am Ausland placéiert haten, se zréck op Lëtzebuerg wäerte bréngen; ob Leit, déi elo vläicht hir Suen an en Zënsprouduit placéiert haten, en anere Produit wäerte sichen, deen dann elo eben nach net ënnert d'Quellesteier fällt; ob effektiv Leit, wéi se virdrun nach genannt gi sinn „high net worth individuals“, dann de Wee op Lëtzebuerg fannen, sech hei als Résident umellen an dann hiert Geld och hei placéieren, wat dann erëm zu méi Recettë bei där Retenue à la source wäert féieren, hannerun all deem steet nach e grouss Fragezeichen. Dat wäerte mer dann och an der Realitéit eréischt déi nächst Jore ganz konkret erkennen.



Wa mer also mat der Grondiddi vun dësem Projet de loi d'accord sinn, well d'Iddi éischten emol gebuer ginn ass am Joer 2003, wou d'DP mat Verantwortung an der Regierung gedroen hat, well et och eng Iddi ass, déi mer an eise Wahlprogramm 2004 mat vertrauten hunn an och zënterhier ëmmer erëm mat vertrauten hunn, esou muss een awer soen, datt eng Rei vun handwierklech net ganz gud-den Approchen hei gewielt gi sinn, fir de Projet da schlussendlech an d'Realitéit ëmzesetzen.

De Projet de loi ass déposéiert ginn am Joer 2005 am Oktober, an elo si mer am Joer 2005 am Dezember, an elo soll en hei gestëmmt ginn. Also innerhalb vun zwee Méint hunn d'Chamber an all déi aner Instanzen, déi sech domadder beschäftegt hunn, misse sech iwwert dee Projet knéien. Eigentlech hätt een dat kënnen éischer ugoen, well schonn de Premierminister am Mee 2003 dës Iddi lancéiert hat hei an dësem Haus, a senger Deklaratioun deemools zur Lag vun der Natioun.

Et freet ee sech eigentlech, fiwat datt d'Regierung net éischer op dee Wee gaangen ass an d'Chamber mat engem Projet de loi befaasst huet. Dann hätt een och nach ëmmer kënnen de Stéchdatum vum 1. Januar 2006 anhalen, wou dee Projet jo soll a Kraaft trieden, a mer hätten eis awer méi Zäit kënnen huele bei der Berodung. Dann hätt ee wahrscheinlech net missen eng Motioun hei areeche, déi gläichzäiteg esou munches, wat elo hei gemaach gëtt, erëm a Fro stellt, eppes wat also d'Leit, déi dobaussen an deem Secteur, am Bankesektor tätég sinn, Leit, déi och wëllen hiert Geld placéieren, erëm zousätzlech wäert veronsécheren.

Duerfir wäer mir eigentlech och frou ze wëssen, wéi déi Motioun gemengt ass, wat domadder konkret gemengt ass. Wann ech zum Beispill liesen: „à évaluer les effets de la loi à la fin de l'exercice fiscal 2006“, sinn déi Leit, déi déi Motioun ënnerschriwwen hunn, der Meinung, datt zum Beispill och kënnen erëm Verschlechterungen antriede par rapport zu där Situation wéi se haut gestëmmt gëtt? Ech mengen, datt een dat awer dann och de Leit dobaussen elo soll soen. Mir fannen et net gutt, wa mer esou munches, wat mer hei maachen, erëm mat engem grouse Fragezeichen auskleeden, well mir brauche Sécherheet fir de Bankesektor, mir brauche Sécherheet vun de Spuerer hei am Land an och am Ausland.

De Projet ass, well e relativ schnell duerchdiskutéiert ginn ass, dann och mat Sécherheet net richtig erkläert ginn, esou datt dat zu esou manche Mëssverständnisse gefouert huet: Mëssverständnis ëm de Fräibetrag, wou et jo e ganzen Hickhack ginn ass, wou eng kéier dann e Fräibetrag fir déi ganz kleng Spuerer sollt sinn, dann ass eng Solutioun an der Diskussioun gewiescht fir 1.500 Euro fräizestellen, elo si mer bei 250 Euro, wou ee mat Sécherheet och kann domadder d'accord sinn, a wou meng Fraktioun och an der Finanzkommissioun gesot huet: Deen dote Wee kënne mer matgoen.

Mä alles dat, wat do no bausse gedrongen ass, huet mat Sécherheet net zur Akzeptanz vun dësem Projet bäigedroen, mä eigentlech dozou bäigedroen, datt d'Leit och dat, wat ganz positiv fir deen eenzelne Spuerer, mat Sécherheet och fir dee kleng Spuerer, un dësem Projet ass, net esou gesi gouf.

Well mat dësem Projet soll – an ech hunn et gesot – jo och d'Spueren encouragéiert ginn, a well et jo eigentlech och e Projet ass fir méi Steiergerechtegkeet, wou deen, dee bis elo éierlech war, dann och op e selwechten Niveau herno wäert besteiert ginn, wéi deen, dee bis ewell méi onéierlech war. Et ass eigentlech dat och déi ganz grouss Reform, déi mer hei wäerte fäerdeg bréngen mat dësem Projet.

Wa mer nëmmen zwee Méint Zäit haten, fir am Detail doriwwer ze diskutéieren, dann ass och ze verstoen, datt deen een oder deen anere seet: Eigentlech ass den Dialog net esou gefouert ginn, wéi en hätt misse gefouert ginn. Ech denken och do un d'Reaktiounen vun zum Beispill de Steuerbeamten, déi Reaktiounen, déi zousätzlech eben och nach eng kéier zu där Verwirrung do bäigedroen hunn.

Wat ech awer och an där ganzer Diskussioun an och am schréftleche Rapport net richtig verstanen hunn, dat ass, datt een elo e bëssen d'Impressioun huet, mir schummen eis eigentlech, eppes fir d'Finanzplaz ze maachen. Wann ech am schréftleche Rapport ee Saz liesen, dann ass dat eigentlech schonn direkt e Widdersproch zu engem anere Saz.

Ech liesen do zum Beispill: „La Commission tient toutefois à souligner que l'objectif primaire du projet de loi n'est pas d'attirer foule d'étrangers fortunés.“ Virun hunn ech dann awer scho gelies: „Le but est d'attirer au Luxembourg les grosses fortunes à la recherche d'un environnement fiscal avantageux.“ Also eigentlech e Widdersproch. Mir sollen eis schonn eens ginn, wat mer wëllen, an ech mengen net, wann een eng kéier dat eent behaupt an engem Text an da gläich drop erëm eng kéier dat anert, datt dat zur Kloeerheit bäidréit.

**M. le Président.** – Här Meisch, erlaabt Der eng Zwëscherfro vum Här Thiel?

**M. Claude Meisch (DP).** – Jo, selbstverständlech.

**M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.** – Merci, Här President. Ech wollt just dem honorabele Kolleg soen – hien huet et selwer elo gesot –, datt et eng kéier do heescht, et ass och e But fir Auslänner op Lëtzebuerg ze zéien, mä op där anerer Säit heescht et, et war net deen éische But. Hien huet et selwer gesot. Also ech mengen déi Nuance, déi misst een awer berücksichtegen an net direkt e Widdersproch doraus maachen.

**M. le Président.** – Wéi war Är Fro, Här Thiel?

(Hilarité)

**M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.** – Ob de Kolleg domat d'accord ass?

(Hilarité)

**M. Claude Meisch (DP).** – Net esou ganz, Här President, kann ech domadder d'accord sinn. Also wann een deen Text do liest, da spiert een awer iergendzwousch, datt gezéckt ginn ass fir kloer no bausse ze soen: Jo, mir maachen hei eppes fir d'Bankeplaz. Mir hätten léiwer och gehat, datt awer kloer d'Kand beim Numm genannt gi wär.

(**M. Laurent Mosar prend la Présidence**)

Et versteet een awer, datt de Rapporteur do ganz besonnesch virsiichteg huet misse sinn, well mer jo awer wëssen, datt grad bei dësem Projet d'Unanimitéit innerhalb vun de Majoritéitsparteien net besonnesch grouss war. Virun allem d'LSAP war virun de Wahle jo géint dës Iddi – net onbedéngt géint de Projet, mä géint dës Iddi – ganz massiv an d'Feld gezunn. Grad meng Partei ass do duergestallt gi wéi wa mer eppes wéilte maachen, wat wierklech dem Land näischt géing bréngen, an elo stelle mer awer fest, datt dann d'LSAP genau datselwecht muss maachen. Duerfir versteet een, datt de Rapporteur dann och emol eng kéier dat eent a genau de Contraire muss a säi Rapport eraschreien.

Net richtig verstanen hunn ech eigentlech och dat Zitat vum Här Fayot, dee gesot hu soll, datt dëse Projet gutt ass fir d'Finanzplaz, awer net gutt ass fir Lëtzebuerg.

Ech denke mer awer, datt d'Finanzplaz esou eng grouss Importenz huet fir eist Land, fir eis Ekonomie, fir eisen Aarbechtsmarché, datt, wann eppes gutt ass fir d'Finanzplaz, et eigentlech dann och gutt ass fir Lëtzebuerg. An dee Widdersproch do, deen een also am Här Thiel sengem Rapport kann erauslesen, dat ass dann och dee Widdersproch, dee selwer an der LSAP schéngt ze herrschen, wou een net richtig gewëllt ass zouze ginn, datt, wa mer eppes Positives fir d'Finanzplaz maachen, dat gläichzäiteg positiv ass fir Lëtzebuerg.

Mir müssen awer zouginn, datt d'Finanzplaz eben emol de wirtschaftleche Motor vun eise Land ass an datt et eben hei och drëms geet, fir nei Clienté fir déi Finanzplaz kënnen ze iwwerzeegen op Lëtzebuerg ze kommen. Et geet drëms, datt mer dee schonn attraktive Kader, dee mer op der Finanzplaz hunn, nach ëm dat eent an ëm dat anert Element vervollstännege, dat mat der Ofschafung vun der Verméigenssteuer, mat enger lerschaftssteuer, déi net oninteressant ass am internationale Verglach, a mat enger Retenue à la source vun 10%, déi libérateur ass a woubäi et jo, wann déi Prognose vum Budgetminister stëmmen, esou ass, datt et de Stat herno net méi wäert kaschten.

Et kann eigentlech herno och nach, wann et da wierklech esou ass, datt da Leit doduerjer hiert Geld hei zu Lëtzebuerg placéieren, dem Stat weider Recetté bréngen. Dat ass dann och dat wat deen een oder deen aneren, och besonnesch vläicht an der LSAP, net verstanen huet, datt een eben och mat méi niddregen Tauxen, mat méi niddrege Steiersätz herno kann insgesamt méi am Statssäckel hunn.

(**Interruption**)

Wat d'Bankeplaz ubelaangt, do wësse mer jo, datt mer no deem Dall, dee se am Ufank vun dësem Jorzéngt duerschchratt huet, eigentlech erëm besser Perspektiven hunn. Dat wëllt awer net heeschen, datt net nach munches ze maache bleift. Mir hunn nach ëmmer 157 Banken hei zu Lëtzebuerg.

En enormt Steieropkommes kënn aus de Banken. Aus de Banken direkt sinn et 768 Milliounen Euro, dat ouni dat ganzt Personal, wat do schafft, déi och Steiere bezuelen, dat ouni déi Secteure ronderëm, déi och nëmmen an deem Mooss fonctionnéieren, well d'Bankeplaz eben och gutt rullt. An et sinn 23.000 Aarbechtsplazen, déi direkt vun de Banken ofhänken, och dat erëm eng kéier ouni déi aner Secteure ronderëm, ouni de Commerce, ouni den Handwerkssektor, ouni d'Gastronomie, déi jo och grad duerch eis Bankeplaz ugedriwwen ginn.

Dëse Schrëtt, deen also haut gemaach gëtt, ass och e kleng Schrëtt a Richtung vu méi Attraktivitéit fir eis Bankeplaz, mä mir wëssen, datt nach eng Rei vun aneren Hausaufgaben ze maache sinn. Mir wëssen, datt nach ëmmer gefaart gëtt, datt mer awer hei am Land e Schratt ze wäit reglementéieren, iwwerreglementéieren, par rapport zu deem, wat an europäeschen Direktive gefuerdert gëtt. Mir wëssen och, datt mer nach mussen Efforte maachen, méi Efforte musse maachen, fir direkt bei der Aushandlung vun Direktive mat derbäi kënnen ze sinn an Afloss ze huelen.

Mir wëssen och, datt, wat d'Duerstellung vun der Finanzplaz no bausse ubelaangt, nach esou munches muss geschéien, ka geschéien, wou Ustrengunge gemaach gi sinn, déi awer musse weidergoen, fir d'Promotioun vun

der Finanzplaz am Ausland virun allem nach méi cibléiert kënnen ze gestalten.

Mir wëssen, datt mer dat eent an dat anert méi schnell och mussen ëmsetzen, fir der Finanzplaz e kompetitiven Advantage ze ginn, an datt ganz villes och nach ze maachen ass am Beräich vun der Formation, vun der Weiterbildung an och vun der Fuerschung am Ëmfeld vun eiser Finanzplaz, datt do nach esou munch Hausaufgaben ze erfëlle sinn, fir weiderhin ze garantéieren, datt d'Finanzplaz och dee Motor vun eiser Ekonomie ka bleiwen, dee se war.

Dat heiten ass, wéi gesot, een éische Schratt an déi dote Richtung, an och duerfir, nieft all deenen aneren Aspekter, déi ech a mäi Virriedner opgezielt hunn, seet d'Demokratesch Partei Jo zu dësem Projet de loi.

**Plusieurs voix.** – Très bien.

**M. le Président.** – Ech soen dem Här Meisch Merci an als nächste Riedner ass den Här Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

**M. Ben Fayot (LSAP).** – Här President, ech wollt am Ufank dem Rapporteur Merci soe fir säin interessante schréftlechen an och mëndleche Rapport. D'Gesetz iwwert d'europäesch Quellesteier huet zu Lëtzebuerg de grouse Publikum kaum interesséiert. Dat war eng Diskussioun vu Spezialiste vun der Finanzplaz. Ëmsou méi interesséiert déi Lëtzebuerger Quellesteier d'Leit alleguer. Et geet nämlech ëm hir eege Spuergroschen. An dach – dat ass hei schonn e puermol gesot ginn – hänken déi zwou Zorte Quellesteieren enk zesummen. Dofir wëll ech awer e bëssen zrëckkommen op déi europäesch Quellesteier.

Firwat gouf déi europäesch Quellesteier den 1. Juli 2005 Realitéit, gouf se den 1. Juli 2005 agefouert? Bekanntlech gëtt et an der Europäescher Unioun de fräie Kapitalverkéier. Doduerch kann d'Kapital vu Land zu Land fräi zirkuléieren an doduerch kënnen awer och d'Kapitalertrag der Steuer entkommen. Dofir gouf jo och gesot, dass am Fong geholl all Land vun der Europäescher Unioun e Steuerparadies fir Netréidentéit wär, also fir Leit, déi net an deem Land liewen.

Duerch déi Steierevasioun, déi mer am Zuch vun fräie Kapitalverkéier an der EU konstatéiert hunn, ass fir all eenzelt Land vun der Europäescher Unioun eppes entstan, wat déi meeschte Länner net méi wollten hinhuelen: Hir Steuerbasis ass hinnen zum Deel ewechgebrach, op jidde Fall wat d'Kapitalsteieren ugeet. Si hu Steiere verluer, déi se brauche fir hir Sozialsystemer ze finanzéieren. Datselwecht ass jo elo amgaange mat de Betriebssteieren an dem Dumping fiscal. An deem Zusammenhang gëtt jo och probéiert an der Europäescher Unioun, deem Dumping fiscal en Enn ze setzen. Wéi bei der Kapitalbesteuerung, bei der Quellesteier wäert dat och do ganz schwéier ginn.

D'Steiergerechtegkeet besteet och net méi, wann et nëmmen d'Aarbecht ass, déi besteiert gëtt, an net d'Kapital. Op laang Dauer müssen dann déi indirekt Steiere gehuewe ginn, déi jiddferen ouni sozial Considération treffen. Dofir gouf et säit dem Enn vun den 80er Joren e staarken Drock an der Europäescher Unioun, fir och d'Kapitalertrag ze erfassen a steierlech ze belangen. Dat ass da mat där europäescher Quellesteier, wéi gesot, vum 1. Juli 2005 un, Wierklechkeet ginn, déi jo och dann zu Lëtzebuerg a Kraaft ass.

Nu wësse mer awer, dass déi grouss Schwierigkeet fir Lëtzebuerg bei där europäescher Quellesteier d'Bankgeheimnis war an och nach ëmmer ass. Lëtzebuerg brauch d'Bankgeheimnis fir seng Finanzplaz. Dofir huet Lëtzebuerg

mat der Belsch a mat Éisträich eng aner Regelung wéi déi aner 22 Länner vun der Europäescher Unioun. Vun deenen dräi Länner gëtt et keng Informatiounen iwwert d'Bankkonte vun Nonrésidenten, mä nëmmen en Ofzuch vun der Steuer un der Quell, dat heescht, bei der Bank selwer. An dat, wéi mer déi europäesch Quellesteier hei diskutéiert hunn, gouf vu kenger Fraktioun an dëser Chamber contestéiert, fir keng Fraktioun heibanne stoung dat Bankgeheimnis zur Dispositioun.

Mat anere Wierder kann ee soen: Lëtzebuerg wëllt de glieserne Steuerzueler net. Lëtzebuerg wëllt net, dass eng Steierverwaltung an de Banken oder vun de Banken Informatiounen iwwert d'Bankkonte vun de Contribuables kritt. Dat war richtig fir d'Netrésidenten, an ech mengen, dat ass och richtig fir d'Réidenten.

Här President, dofir ass déi Quellesteier, déi mer haut diskutéieren, an der Kontinuitéit vun där europäescher Quellesteier. Si ass an der Logik vun där Steuer, déi dora besteet, fir méiglechst vill Kapitalertrag steierlech ze erfassen. Firwat ass dat esou? Et muss een dat nämlech genee hannerfroen a kloerstellen, well ebe just do den Ulass zu manche Kritiken a Mëssverständnisse läit.

Fir d'LSAP – wann ech dat emol esou soen –, programmatesch oder ideologesch, ass eng progressiv Akommessteuer mat enger breeder Entlaaschtung fir kleng a mëttel Akommesen déi sozial gerechtst Steuer. Ënnert déi Akommessteuer sollten all d'Revenuë vun de Steuerzueler falen. Nu gëtt dee Prinzip duerch dës Quellesteier vun 10%, also vun enger sou genannter „flat rate“, a Fro gestallt.

D'Arbeiterkammer huet zum Beispill gesot, dass eng Retenue libératoire vun 10% sozial net gerecht wär, well doduerch de Prinzip vun enger manner héijer Besteuerung vun Kapital wéi vun der Aarbecht agefouert géif. Dat kann een esou gesinn. Et kann ee souguer domat d'accord sinn. Et ass awer nëmmen zum Deel richtig!

Am Prinzip si jo all Kapitalertrag bis elo steierpflichteg mat deene verschiddenen Ausnahmen, déi mer kennen, an zwar no dem Tarif vun der Akommessteuer. De Fräibetrag fir d'Zësen ass dobäi jo iwwergens relativ héich, sou dass vill Leit och op den Zësen keng Akommessteuer brauchen ze bezuelen.

Anerersäits wësse mer awer, dass d'Imposition par voie d'assiette vu Kapitalertrag zwar schéin um Paibeier steet, a Wierklechkeet ebe weinst dem Bankgeheimnis net nozevollzéien ass. Ech hunn awer néierens gelies, och bei der Arbeiterkammer net, dass d'Bankgeheimnis soll opgehuewe ginn, a mer zu Lëtzebuerg ebe just dee besagte glieserne Steuerzueler aféiere wëllen. D'Steierverwaltung huet zu Lëtzebuerg keng Méiglechkeet, fir ze kontrolléieren, wat deen Eenzelnen effektiv huet.

Nu gëtt kritiséiert, Här President, de kleng Spuerer, deen eigentlech net soll touchéiert ginn, géif elo zur Oder gelooss ginn. Et gi jo nëmme Spuerbicher a Spuerkonten an net aner Kapitalertrag touchéiert. Dorop ass natierlech ze äntwerten – dat ass jo scho gemaach gi vum Rapporteur an och vu mengem Virriedner –, dass a leschter Minutt e Fräibetrag vun 250 Euro Zësen agefouert gouf, wat engem Steuerbetrag vu 25 Euro entsprécht. Op deem Zënsbetrag ass also keng Steuer ze bezuelen. Dat ass e Kapital vun 12.500 Euro.

Ech weess net, ob dat e kleng Spuerer ass oder net; doriwwer gi jo d'Meenunge wäit ausenaner, wat elo e kleng Spuerer ass oder net. Déi wesentlech Fro awer ass déi, ob e Steuerpflichtegen, dee Kapital besëtzt – dat ass déi éischt Fro, da kommen déi aner hannendrun –, ob also e Steuerpflichtegen, dee Kapital besëtzt, op den Ertrag dovunner Steiere bezuele soll oder net.



An elo emol ofgesi vun der Héicht vum Kapital, fannen ech et gerecht als Sozialist, dass jiddferen, deen esou e Revenu huet, och prinzipiell dorop Steiere bezuele soll. Dat ass fir mech als Sozialist eng Fro vun Équité fiscale et sociale, dat heescht, vu steierlecher a sozialer Steiergläichheet. Esou wéi jiddferen op Loun, Gehalt, Pensiouen a Rente bezilt, soll et dach och fir d'Kapitalertrëg gëllen. Et kann dach net sinn, dass esou Revenuë vun der Steuer ausgeschloss solle ginn.

Mat anere Wieder, et ass gerecht, dass d'Kapitalertrëg grad wéi Léin a Renten der Steuer ënnerleien. Natierlech gëtt dee Prinzip duerch Fräibetrëg oder Abschlagsméiglechkeete manner haart, esou dass besonnesch bei méi klengen Revenuen d'Steuer och méi kleng ausfällt respektiv ganz ewechfällt.

Wat constatéiere mer awer an der Wirklechkeet? Mir si jo hei elo an der realer Welt, net an der ideologescher Welt. Ech muss an deem Zesummenhang op de Rapport vum Jeannot Krecké, deemolegen Deputéierten, iwwert d'Fraude fiscale zu Lëtzebuerg zrëckkommen, deen aus dem Joer 1997 staamt an eigentlech ni vun iergendengem contestéiert ginn ass.

Iwwert d'Besteuerung vu Kapitalertrëg, also vun Zënse op Spuerbicher, Comptes à terme oder à vue, zitiiert den Här Krecké e Steuerexpert, den Här Alain Steichen. Ech zitiiere: „À l'heure actuelle, l'imposition des revenus de l'épargne participe davantage à la nature d'un don des citoyens épris de civisme fiscal, plutôt que d'un impôt prélevé en vertu d'une loi.“ Mat anere Wieder a méi brutal ausgedréckt: Et gëtt massiv bei der Erklärung vun Zënse un d'Steueramt gefuddelt.

Et besteet eng wäit verbreet Meinung ënnert de Leit, dass d'Kapitalertrëg kee Revenu sinn an also net misse deklaréiert ginn. Déi breet Meinung gëtt et bei klengen a bei grousser Spuerer. A wann déi Meinung och verbreet ass, ass se menger Ansicht no nach laang net richtig – ob se elo vun engem klengen oder engem décke Spuerer kënnt.

Ënnert dem Schutz vum Bankgeheimnis – mir kommen ëmmer erëm dorobber zrëck, Här President! – kann een seng Kapitalertrëg uginne oder net. Déi, déi se uginne, maachen et aus Civisme fiscal. Fir déi aner ass et ouni Gefor, well d'Steuerverwaltung – seet de Jeannot Krecké a sengem Bericht weider –, ech zitiiere hien: „ne fit jamais usage des pouvoirs d'investigation que lui conférait le paragraphe 175 de l'AO“ c'est-à-dire vun där Abgabenordnung vun 1940, déi mer deemools vun de Preisen imposéiert kruten. Déi hu mer nom Krich weidergefouert.

D'Quellesteier, déi mat deem Gesetz agefouert gëtt, ass also eng Mesure d'équité fiscale et sociale, an deem Sënn, dass déi Leit, déi bis elo keng Kapitalertrëg uginne, an Zukunft gradesou Steiere bezuele mussen wéi déi, déi dat bis elo brav an éierlech gemaach hunn. Dat seet de Koalitiounsprogramm mat de Wieder, ech zitiiere den Saz: „dans un souci de rendre notre régime d'imposition de revenus de capitaux plus efficient et socialement plus équilibré“.

Ech sinn also der Meinung, dass dëst Gesetz a senger Prinzipiell sozial a steierlech gerecht ass. Ob de Fräibetrëg vun 250 Euro héich genuch ass, fir de sou genannte klengen Spuerer net ze treffen, kann een diskutéieren.

Et soll een, an dat steet jo an der Motioun, déi mer gemeinsam mat der CSV virgeluecht hunn, no engem Steuerjoer evaluéieren, ob dat dann esou e Fräibetrëg ass, dee pertinent ass an en dann eventuell adaptéieren. Ech mengen, et soll een dat no engem Steuerjoer maachen, fir dann am Joer 2007 déi Adaptatioun virzehuelen.

Et muss een allerdéngs och dobäi soen, dass dee Fräibetrëg, dee mer elo agefouert hunn, pro Person a pro Bankkonto zielt, dass also an engem Stot all Member vun där Famill dee Fräibetrëg zegutt huet, an et muss ee sécher och mat der Kreativitéit vun de Banken zu Lëtzebuerg rechnen, fir d'Quellesteier ze vermeiden. Dat ass jo schonn déck amgaangen.

Mä wichteg ass fir d'éischt emol de Prinzip vun der Steiergerechtheet fir jiddferen, déi mer leider net iwwert de Wee vun der normaler progressiver Akommessteuer duerchsetze kënnen. Dofir fanne mer dëst Gesetz en interessanten Astieg an eng nei Entwécklung vun onser Steiergesetzgebung, fir méi Steiergerechtheet ze kréien.

Här President, politesch gëtt sech driwwer opgereegt, dass mat deem Gesetz Spuerkonten a Spuerbicher generell besteiert ginn. D'Opreegung kënnt aus zwou Ursaachen.

Engersäits mussen d'Leit, déi bis elo keng Steieren op hiren Zënse bezuelt hunn, d'Quellesteier bezuelen, dat sinn déi Leit, déi keng Steuererklärung gemaach hunn an dofir och hir Spuerertrëg net uginne. Och si gi mat der Quellesteier erfaasst, wann hiren Zënsertrag dann iwwer 250 Euro läit.

Anerersäits ass de Fräibetrëg – dat ass eng aner Kritik – vu 1.500 Euro net méi wéi bis elo 1.500 Euro bei der Akommessteuer, well do eben de Steiersaz vill méi héich ass, a bis 38% gaangen ass. Dëse Fräibetrëg vu 1.500 Euro bei der Akommessteuer verschwénnt natierlech net fir déi aner Kapitalertrëg, souwäit se da besteierbar sinn an déi natierlech och weider mussen opgefouert ginn.

Grouss Opreegung verursaacht dann och de Champ d'application, dat heescht, déi Kapitalertrëg, déi heimat viséiert ginn. Nach eng Kéier: Dat si jo bekanntlech Comptes à vue, Comptes à terme a klassesch Spuerbicher. Dat gëtt vu munchen als ze vill enk ugekuckt. Do gëtt gefrot, firwat dass nëmmen déi erfaasst ginn an all déi aner Produiten net. Bon, d'Regierung äntwert jo dorop, dass sech beim Champ d'application vun der Lëtzebuurger Quellesteier un déi europäesch ugelehnt ginn ass.

#### (Interruptions)

■ **M. François Bausch** (*DÉI GRÉNG*).- Dat stëmmt.

■ **M. Ben Fayot** (*LSAP*).- Dee Champ...

■ **M. François Bausch** (*DÉI GRÉNG*).- Et steet och am Rapport vun Ärem Rapporteur dran.

■ **M. Ben Fayot** (*LSAP*).- Dee Champ d'application sollt méiglechst enk sinn, am Interessi vun der Bankeplaz. Och sollt dat net besteiert ginn, wat bis elo och net besteiert war. Dat heescht, Obligatiounen, déi och vu ville klengen Spuerer kaaft ginn oder Dividenen, bei deene schonn eng Retenue à la source vun 20% virgeholl gouf.

Dëst ass fir vill Leit dobaussen net nozevollzéien, an duerfir si mir mam Statsrot averstanen – den Här Bausch huet mech jo scho geschter zitiiert hei aus der Kommissioun, dat soen ech och haut nach –, mir si mam Statsrot averstanen, dee freet, dass d'Regierung emol en Inventaire vun alle Kapitalbetrëg soll maachen, fir dann och ze kucken, wéi een déi kënnt besteieren iwwert de Wee vun enger Quellesteier.

Da stellt d'Fro sech, an déi ass och berechtigt: Hätt ee solle waarde bis den Inventaire gemaach gi wär, an dann eréischt en allgemengt Gesetz maachen? Dat wär sécher eng besser Method gewiescht. Et hätt och déi Hetz erspuert, déi mer an de leschten Deeg erlieft hunn. Et hätt och vläicht erlaabt dat Ge-

setz handwierklech besser ze maachen, an et hätt erlaabt d'Kommunikatioun ze verbessern.

Op där anerer Säit muss ech awer soen, kann een dëst Gesetz als en Astieg an eng fundamental richteg nei Richtung vun onser Steiergesetzgebung gesinn, fir méi Steiergerechtheet, also och fir méi sozial Gerechtheet. Dat ass d'Saach, Här Bausch, vum Glas, wat hallef voll oder hallef eidel ass.

■ **M. François Bausch** (*DÉI GRÉNG*).- Dat hei ass zimlech eidel.

■ **M. Ben Fayot** (*LSAP*).- Neen, ech mengen dat net.

#### (Interruption)

En anert Thema, wat jo och politesch staark belaauscht ass, ass d'Ofschaffung vun der Verméigenssteuer. Do gesäit och zum Beispill d'Arbeiterkammer, déi jo en zimlech sechen Avis gemaach huet, net d'Opportunitéit. Si ass bei der Verméigenssteuer relativ douce, muss ech soen, well si seet just: Mir gesinn net d'Opportunitéit, fir déi Steuer ofzeschaffen. Si seet awer zugläich, dass de reelle Wäert vun der Fortune, besonnesch vun der Fortune immobilière net besteiert gëtt. Ech mengen, dat bréngt et jo op de Punkt.

Zur Verméigenssteuer huet iwwergens och de Jeannot Krecké a sengem Rapport errechent, dass d'Basis vun der Verméigensbesteuerung vun de physische Personnen zu Lëtzebuerg extrem enk ass.

#### (M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Firwat ass déi Basis, dat heescht, déi Assiette vun der Verméigenssteuer esou enk, an also d'Resultat vun der Steuer selwer esou kleng? Ech zitiiere den do de Jeannot Krecké: „À l'origine de cette assiette générale ridiculement basse, on trouve un problème de fraude fiscale dû à la simple non-déclaration de biens et de valeurs faisant partie du patrimoine du contribuable“, an e bësse weider nach en Zitat: „les montants récupérés au titre de revenus de capitaux (...) laissent supposer qu'une quantité importante de capitaux échappent à l'imposition aussi bien au titre du revenu qu'à celui de la fortune“.

Elo gëtt et och hei net de Wëllen an d'Akzeptanz, fir an der Privatsphär vun de Steuerzueler ze sichen, wat dann elo déi eigentlech Fortune ass. Ech mengen, déi Akzeptanz vum gleserne Steuerzueler gëtt et zu Lëtzebuerg net.

Eng aner Ursaach och, firwat déi Base esou enk ass, ass jo d'Manier wéi d'Fortune immobilière festgeluecht gëtt. D'Aschätzungsmethod vun der Verwaltung huet näischt mat der Realitéit ze dinn. D'Aschätzung vun der Fortune foncière no den Einheitswäerten vun 1941 ass, fir och do de Jeannot Krecké nach eng Kéier erbäizehuelen an ze zitiiere: „désuète, irréaliste, voire contraire au principe de l'équité fiscale“. Fin de citation, a Fin des citations de Monsieur Jeannot Krecké.

Här President, iwwergens iwwert déi Geschicht vun den Einheitswäerten, erënneren ech dorun, dass jo 1983 e Projet abruecht gi war, fir déi Einheitswäerten unzepassen. Dee Projet ass 1990 vum Rôle vun der Chamber erofgeholl ginn. An Däitschland iwwergens huet d'Bundesverfassungsgericht 1995 d'Aschätzung vun den Einheitswäerten an Däitschland als verfassungswidrig erkläert.

Ech fannen et also akzeptabel, dass d'Verméigenssteuer op de physische Personnen ofgeschaaft gëtt, well och hei erëm déi Brav an Eierlech getraff ginn, an déi aner net. Och gëtt nëmmen en Deel vun

der Fortune mobilière getraff, also an der Haaptsaach Kapitalertrëg. D'Fortune immobilière gëtt nëmmen ganz geréng besteiert. Wann also d'Quellesteier op der Fortune mobilière agefouert gëtt, an domat jiddferen erfaasst ka ginn, kënnen mer d'Verméigenssteuer ofschafen. Domat spueren mer der Steierverwaltung Aarbecht an erlaben de Beamten, déi déi Steuer agedriwwen hunn, aner Aarbechten ze maachen. Ech mengen, dass en plus de Stat iwwer e méi effikasse Wee déi Suen ermëkrt, op déi en an der Verméigenssteuer verzicht.

Här President, et ass och vill iwwert déi sou genannt Amnestie geschwat ginn, fir déi, déi hir Suen am Ausland hunn, a se elo ouni Problem rapatriéieren kënnen, an och fir déi, déi se bis elo net deklaréiert haten. Déi Quellesteier ass nämlech extrem gönschteg par rapport zur europäescher Quellesteier. Den Taux bleift ëmmer bei 10%, also nettement ënnert dem europäeschen Taux.

Lëtzebuurger, déi hir Suen an der Schwäiz oder an anere Länner vun der EU hunn, ausser Belgien an Eisträich, falen also schonn elo ënnert d'Informationspflicht. Dat heescht, dass hir Bank am Ausland d'Lëtzebuurger Steierverwaltung doriwwer informéieren muss. Si hunn also Interessi drun, déi Suen ermëzbréngen. Dat ëmsou méi, wéi den Taux vun 10% niddreg ass. Ech mengen, d'Land hätt och Interessi drun, dass Kapital rapatriéiert gëtt.

Här President, méi allgemeng erwaart d'Finanzplaz sech vun deem Gesetz en neie Créneau fir de „private banking“. Dat ass jo hei och breet duergeluecht ginn. Iwwerleeunge vun der Finanzplaz aus dem Joer 2003, wéi och vum Rapporteur vum Budget vun 2005, dem Här Laurent Mosar, haten d'Hoffnung ausgedréckt, dass een enges Dags grouss Fortunen op Lëtzebuerg kënnt unzéien, esou wéi d'Belsch, d'Schwäiz a Monaco dat gemaach hunn a maachen.

Ech hat deemools, Här Meisch – ech wëll dat nach eng Kéier rappelléieren –, hei an der Debatt vum Budget 2005, net an der Opposition, mä an der Majoritéit, also als Majoritéitsdeputéierten, dogéint reagéiert, well ech der Meinung war, an och nach sinn, dass mer mat deem Gesetz an der Haaptsaach eng Moderniséierung an eng Verbesserung vun onser Steiergesetzgebung fir Résidenten ustriewen: fir méi Steiergerechtheet géint d'Fraude, fir d'Steierverwaltung ze entlaaschten an eventuell Lëtzebuurger Kapital, wat am Ausland ass, erëm op Lëtzebuerg ze kréien.

An deem Zesummenhang war jo och deemools gemengt ginn, fir räich Netrésidenten och op Lëtzebuerg ze kréien, misst ee Critères de fortune bei der Erdeelung vun Openhaltsgenehmegungen aféieren. Ech wëll hei soen, dass dat fir ons net akzeptabel ass. Ech hunn et schonn eng Kéier hei gesot an ech fannen et och nach ëmmer inakzeptabel. Ech wëll kee Lëtzebuurger Monaco.

Här President, et ass jo och fir den Abléck net virauszegesinn, wat d'Lëtzebuurger Finanzplaz mat deem Gesetz genee mécht, mä d'Haaptzilsetzung leie fir ons um Plang vun der Evolutioun vun onsem Steuerrecht fir Résidenten.

Dann, schlussendlech, sinn och nach eng Partie Kritike während der Gestatioun vun dem Projet virbruecht ginn. Eng dovunner betrëfft natierlech deen Hin an Hier mat dem Fräibetrëg. Eng aner huet och déi administrativ Mëttele betraff, déi een hätt misse virgesinn, fir de Steuerzueler déi maximal 150 Euro ermëzeginn. A schliesslech ass och natierlech de finanziellen Impakt vun deem Gesetz schwéier virauszegesinn. D'Regierung schätzt, dass 15 Milliounen Euro pro Joer opgrond vum Ewechfale vun de Steiereinnahmen op Kapitalertrëg an der Akom-

messteuer, an 22 Milliounen duerch d'Ofschaffung vun der Verméigenssteuer, feelen. Also insgesamt 37 Milliounen, déi duerch 40 Milliounen Quellesteier ersat solle ginn.

Dat ass natierlech e bësse e Pari sur l'avenir – sinn ech d'accord –, well kee genee weess, wéi vill Kapital dann op deene Konte steet, déi heivunner betraff sinn, oder wéi vill Kapital dann elo op aner Produiten iwwerschenkt, déi net vun der Quellesteier fir den Abléck betraff sinn. Oder och wéi eng Efforté gemaach ginn, fir déi Quellesteier ze minimiséieren oder ganz ze ëmgoen.

Mä ofgesinn dovunner, gëtt et natierlech méi déif gräifend Froen, déi ënner anere och de Conseil d'État gestallt huet.

#### (Interruption)

Hie mengt mat Recht, dass et ubruecht wär en Inventaire vun all den Zorte Kapitalertrëg opzestellen, déi der Quellesteier ënnerleie géifen. Duerfir solle mer no deem éischten Usaz an deem Gesetz weiderdenken. An duerfir hu mer jo och déi Motioun virgeschloen, déi de Rapporteur virbruecht huet, duerch déi d'Regierung opgefuerdert gëtt, emol en Inventaire vun allen Zorte Kapitalertrëg ze maachen, an ze kucken, ob een de System vun der Quellesteier net weider ausdehne kann. Well et ass jo ebe gewosst, dass wuel all Kapitalertrag op der Akommessteuer muss deklaréiert, ugefouert ginn, mä wéi dat geschitt am Einzelnen ass jo héchst fragenswäert.

E weidere Punkt ass och fir ze gesinn, wat dann elo d'Auswirkunge vun deem Gesetz am éischten Exercice fiscal 2006 sinn. Mir mengen, dass no deem Exercice fiscal déi Auswirkunge solle kloer analyséiert ginn. Besonnesch soll dobäi och ënnersicht gi wéi den Abatement vun 250 Euro sech dann auswirkt, ob en héich genuch ass, fir déi kleng Spuerer vun der Quellesteier ze befreien. An ech mengen, déi Evaluatioun kann et dann eventuell schonn am Joer 2007 erlaben – also no där Evaluatioun – Amendementen zu deem Gesetz virzebréngen, wann dat sech da soll als néideg erweisen.

Här President, et ass hei diskutéiert ginn, dass elo d'Majoritéit géif eng Motioun abréngen. Ech fannen, dat ass e gutt parlamentarescht Recht, dat ass kee Mësstrauensantrag vis-à-vis vun der Regierung, dat ass den Ausdruck vun enger parlamentarescher Reflexioun vun där Aarbecht, déi och an der Finanzkommissioun an natierlech och an de Fraktiounen gemaach ginn ass. An dofir mengen ech, ass dat nëmmen eng natierlech Manier vu Parlamentarier, fir mat esou eppes ëmzegen.

Dat gesot, Här President, wëll ech soen, dass meng Fraktioun dëst Gesetz wäert stëmmen, well mer och mat dëser Motioun eng Partie Apaisement kriie fir weider un dëser schwieriger Matière ze schaffen, fir eben déi Steiergerechtheet zu Lëtzebuerg ze kréien, déi mer brauchen, Gläichheet vun allen an och e sozial gerecht Steuerrecht.

Merci, Här President.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien.

■ **M. le Président**.- Merci, Här Fayot. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Bausch.

■ **M. François Bausch** (*DÉI GRÉNG*).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, et ass aleedend ze soen, datt et interessant ass, wéi vill elo de Moien hei vu Steiergerechtheet op eemol geschwat gëtt, vun engem méi gerechte Verhältnis vun der Besteuerung tëschent Aarbecht a Kapital a vun neien Iwwerleeungen, déi ee muss maachen an deenen nächste Joren, fir do e bessert Verhältnis ze kréien.

Ech stellen op alle Fall fest – an dat ass dann awer scho mindestens



emol eppes Positives –, datt, no deenen Diskussiounen ronderëm de Budget an och ronderëm dëse Projet, hei an dëser Chamber ee Konsens ze si schéngt – zumindest bei groussen Deeler – an datt et e Mëssverhältnis gëtt bei der Besteuerung tëschent Aarbecht a Kapital. An ech ka jo dann dovunner ausgoen, datt mer, wann déi Feststellung hei esou breet gedeelt gëtt, do nach spannend Diskussionsiounen an deenen nächste Jore wäerte kréien.

Här President, ech mengen, dass et wichteg ass ze rappeléieren, datt et dat Mëssverhältnis do gëtt, well mir als gréng Fraktioun si scho laang der Meenung, datt et do eent gëtt. Ech hunn och beim Budget gesot: Mir musse sécher iwwert d'Dépensé vum Stat schwätzen, mä mir mussen och iwwert d'Recetté vum Stat schwätzen an iwwert d'Problemer, déi mer bei de Recetten hunn.

Ech hu virun enger Woch hei gesot, datt mer eigentlech an enger Phas vun Héichkonjunktur wäeren – 4 bis 5% Wuesstum vum PIB – an awer feststellen, datt d'Recetté ganz wéineg eropgi bei verschiddenen a mer a verschiddene wesentleche Recetté-Beräicher stagnéieren. A wa mer donc hei en Discours féieren, datt d'Lëtzebuurger Vollek de Rimm misst méi enk schnallen a mer misste méi lues tréppelen op verschiddenen Niveaue, et dann natierlech relativ schlecht ausgesäit wa mer op de Wee ginn, fir e Projet eranzeginn, wéi deen heiten, wou dann elo um Enn vun der Diskussioun – dat war am Ufank net de Fall – op eemol d'Steiergerechtegkeet an de Vierdergrond gestallt gëtt an awer um Ursprong heivunner éischter ganz aner Iwwerleeungen am Vierdergrund stoungen.

An ech muss och soen, wann een dee Projet hei wëllt verkafen als ee gerechten oder een Astieg – loosse mer soen – a méi Steiergerechtegkeet bei der Besteuerung tëschent Aarbecht a Kapital, oder fir dann iwwerhaapt alles dat emol méi ze erfaassen, wat virun net erfaasst ginn ass, dann ass et awer e bësselchen erstaunlech, wann een esou ufänkt wéi dës Regierung mat deem Projet do de Problem ufänkt, datt si nämlech ufänkt net sech elo emol Suergen ze maache fir déi Beräicher oder fir déi Kategorië vu Leit, wou wierklech dat grousst Geld verdéngt gëtt, mä éischter sech ufänkt Gedanken ze maache bei Kleng- oder Mëttelspuer a bei de klassesche Spueranlagen.

Dat heescht, eigentlech ënnen ufänkt den Hiewel unzesetzen, amplaz, wéi ech oder meng Fraktioun awer mengen, et méi Sënn géing maachen, datt ee géing wierklech uewen ufänken, nämlech bei deenen ufänken, déi wierklech massiv Fraude gemaach hunn oder sech laanscht d'Steiere gedréckt hu mat héije Revenuen.

A wann ech do nëmme kucken, wat an dësem Projet steet, wéi d'Base imposable ass, datt mer – an do wëll ech lech soen Här Fayot – emol net de Courage haten dat unzeweiden, wat an der europäescher Direktiv bei der Richtlinn fir d'Zënsbesteuerung fir Non-résidenten drasteet – iwwregens huet de Rapporteur et och a sengem Rapport erwähnt –, wou zumindest en Deel vu SICAVen vum Beispill erfaasst ginn a mat erageholl gi sinn, da kann een awer elo net hei kommen an dat heite verkafen, wéi wann dat heite Gesetz eigentlech als Haaptzënn an -zweck hätt, fir méi an d'Richtung ze goe vu Steiergerechtegkeet.

Wann ee kuckt, wat d'Base imposable réelle heivunner ass a wat fir eng Leit herno hei wäerten drënner falen, da kann ee locker soen, datt de Gros vun de Leit mat wierklech héije Fortune a Revenuë sécherlech net wäerten drënner falen. Da soll een och elo net hei ziele kommen, dat dote wär en Astieg, wéi gesot, a méi Steiergerechtegkeet.

Guer net dovun ze schwätzen, datt mer dobäi nach eng Rei Mechanismen en plus hunn, déi souguer maachen – souguer wa mer eenzel Produkten hei mat abezunn hätten –, datt eigentlech do, wou dat grousst Geld verdéngt gëtt, déi awer net géingen drënner falen.

Zum Beispill déi Regel, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, wann een Aktie keeft oder sech a Fonge Parté keeft an et hält ee se méi wéi sechs Méint, datt dann um Produit dovunner, deen een eventuell huet, wann ee se erëm verkeeft no sechs Méint, guer keng Steieren erhuewe ginn. De Rapporteur beschreift dat hei e bësselche salopp mat, dat wär am Fong d'Belounung, déi ee krit, wéinst dem Risiko bei der Spekulation, deen ee géing droe bei där dote Regelung.

Et muss ee sech awer bewosst si wat sechs Méint fir e kuerzen Délai ass. An et muss ee sech och bewosst si wat fir eng Ekonomie, datt ee fërdert, wann ee vu virer an drop aus ass, datt Gelder, déi placéiert ginn, esou kuerzfristeg erëm kënnen ofgezu ginn. Ass een dann dorobber aus ass fir d'reell Ekonomie ze ënnerstëtzen oder ass ee wierklech nëmmen dorobber aus, fir datt eenzel Leit mat héijem Verméige relativ séier iwwer Spekulation zum groussen Geld kommen?

Dat heescht, wann ech d'Base imposable kucken, da stellen ech fest, wéi gesot, datt de Gros vun deene Leit, déi eigentlech missten erfaasst ginn iwwert déi 10% Quellesteier hei, net wäerten erfaasst ginn an dass donc och dofir een immense Widersproch ass, net nëmmen an der Argumentation, mä och am Projet selwer an och an den Explikationen, déi am Rapport vum Projet drastinn.

Dobäi musse mer jo wëssen, datt mer souwisou scho fir Leit mat héije Revenuë bei der Steuerreform 2001 en zolitten Hoff gemaach haten, wéi mer de Spëtzesteiersaz op ee Coup vu 46 op 38% reduzéiert hunn. Also wa mer elo doriwwer schwätzen – an et ass jo hei vill doriwwer diskutéiert ginn iwwert d'Imposition, iwwert d'Assiette –, da wësse mer jo, datt mer do 2001 schonn 8% op ee Coup de Spëtzesteiersaz gesenkt hunn, dat heescht en „Effort“ gemaach hunn hei als Stat, fir Leit mat héije Revenuen ze belounen, dee wierklech enorm war an a kengem Verhältnis stoung – dat hunn ech schonn deemools gesot – zu deem, wat zum Beispill Leit mat klengen oder souguer mëttlere Revenuen haten.

Da kommen ech zu deem Punkt wa gesot gëtt – et gëtt zwar elo hei méi zweetrangeg an de Vierdergrond gestallt oder méi verstoppt gesot, an ech behaapten awer, datt, an dat kann een och souguer noliessen, wéi déi Iddi hei lancéiert ginn ass éischter dat den Haaptpunkt war, deen am Vierdergrond stoung –, mir maachen dat heiten e bësselche fir d'Finanzplaz, fir de Geschäftsberäich, de „private banking“ erëm e bëssen opzepäppelen. Mir kucken hei eng nei Nisch ze schafe fir d'Finanzplaz a mir erwaarden eis einfach doduerjer, datt mer elo räich Leit aus dem Ausland kréien, déi zu Lëtzebuerg Résident ginn, an datt dat géing dozou féieren, datt dann natierlech d'Geschäftslag insgesamt vun de Banke géing besser ginn, wat dann natierlech eng indirekt Implikation hätt op d'Finanzplaz, op d'Aarbechtsplazen an esou weider am Finanzsektor.

Éischters muss ee soen, datt ee gréissten Zweiwel kann dorunner hunn, well et muss een emol gesinn, op alle Fall mir hunn eis gréissten Zweiwelen dorunner, datt et wäert esou sinn, datt elo op eemol grousstfortuniéiert Leit aus dem Ausland einfach esou hire Wunnsätz wäerte changéieren, fir op Lëtzebuerg ze kommen, d'autant plus, wou se jo am Moment Nische genuch hunn, wou se sech kënnen niderloossen, wou se dat do kënnen maachen, och innerhalb vun der Europäescher Unioun. Et

wär eigentlech méi intelligent driwwer ze diskutéieren, wéi mer e Schratt weiderkommen, fir do nach déi Nischen ofzebauen.

Ech mengen awer doriwwer eraus, datt mer éischter riskéieren duerch deen Akt hei – wann dat dann awer eng kéier no bausse Gespréich gëtt, duerch vläicht deen een oder anere Fall, dee mer da wäerten heihinner kréien – erëm eng kéier d'Scheinwerfer onnëtzerweis op d'Finanzplaz Lëtzebuerg ze focaliséieren, nodeem mer jo elo endlech e bësse Rou haten, no deem Kompromëss, dee mer bei der Zënsbesteuerung fonnt hunn, fir Non-résidenten op europäeschem Niveau, an datt doduerch souguer éischter Risike fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg ze erwaarde sinn.

Op alle Fall, datt déi Risiken, déi ee sech do kann erwaarden, eiser Meenung no, a kengem Verhältnis stinn zu de Geschäft, déi eventuell duerch déi doten Nisch kënnen ze maache sinn. Mir hu gréisst Zweiwelen, datt dat wäert fonctionnéieren. Wéi gesot, mir sinn éischter der Meenung, datt erëm éischter d'Scheinwerfer onnëtzerweis nei op d'Finanzplaz Lëtzebuerg gericht gi vum Ausland hier.

Da muss ee soen, wann een d'Ausgestaltung vun deem Projet kuckt, datt och do enorm handwierklech Feeler gemaach gi sinn, wann een déi ganz Diskussioun ronderëm de fräie Betrag kuckt. Et ass jo dann elo laut leschte Präzisierungen, déi ech kritt hunn an der Finanzkommission, Gott sei Dank e fräie Betrag an net eng fräi Grenz, déi mer festgeschriwwen hunn. Well wann et eng fräi Grenz gewiescht wär, wär et iwwerhaapt net unzewenne gewiescht fir d'Banken. Et ass emol wichteg, datt mer déi Präzisierungen elo emol endlech hunn, och fir de Finanzsektor, datt deen déi huet.

Mä et muss ee jo awer soen, datt dat Ganzt verbonnen ass mat net onwesentleche Verwaltungsfraisé fir d'Banke selwer, fir dat doten ze suivéieren, datt et awer relativ komplizéiert ass oder wäert si fir d'Banken. An da muss ee soen, wat awer nach vill méi grave ass, dat ass duerch dee ganzen Duercherneen, duerch déi Diskussioun, déi mer do haten, datt mer d'Klengspuerer wierklech esou veronséichert hunn, datt dat nach kann zu relativ komplizéierte Situatiounen féieren. Firwat?

Majo, mir mierke jo de Moment, datt ganz vill Leit total veronséichert sinn an elo wahrscheinlech bei d'Banken oder bei d'Finanzberoder wäerte rennen, fir ze kucken, wéi se hiert Geld kënnen aneschters placéieren, vu datt se de finanztechneschen Know-how net hunn an och nach ëmmer net kruten no deenen Erklärungen, déi elo hei gemaach gi sinn an deene leschte Woche vun der politescher Säit hier.

Esou datt de Risiko grous ass, datt d'Leit elo onnëtzerweis hir Gelder ëmschichte ginn an aner Produkter, nëmme well se mengen, do géinge se da keen Cent Steiere bezuelen, a se sech dann eigentlech net bewosst sinn, datt, wa se hiert Geld ëmschichte ginn, dat éischters à la limite mat Fraisé verbonnen ass, respektiv datt déi Gelder, déi se da placéiere ginn, Gelder sinn, wa se se dann zum Beispill a Fonge ginn, iwwert déi se net méi esou einfach verfüge kënnen an datt dat mat Risike verbonnen ass.

Et kann ee sech d'Fro stellen, ob am Bankesektor zu Lëtzebuerg dann elo d'Berodung esou gutt wäert sinn an deenen nächste Joren, haaptsächlech fir Klengspuerer, wann ee jo weess, wat d'Banken heirunner schlussendlech verdéngen. Ob mer net souguer Leit a Situatiounen gedriwwen hunn, datt se hiert Geld onnëtzerweis ëm-

schichte ginn, an domadder herno wäerten eng kéier mat bloen Aen do stoen, wa se da mierken, datt se hiert Geld a Produité gesat hunn, an dat net esou einfach méi fräi ze kréien ass. Oder respektiv, wa se et da wëlle fräi kréien, dat mat Verloschter oder mat groussen Fraisé verbonnen ass.

Dat heescht, mir hunn hei eigentlech onnëtzerweis duerch déi schlecht handwierklech Aarbecht, déi geleescht ginn ass, well dat Gesetz bâcléiert ginn ass, och nach eng immens Veronséicherung an dee ganze Beräich vun de Klengspuerer bruecht, mat alle Konsequenzen, déi dat warscheinlech och wäert hu fir d'Aarbecht, déi d'Banke méi hunn an dëse Wochen. Ech si bal iwwerzeegt, datt d'Telefonen do waarm gelaf sinn an deene leschte Wochen, an och nach an deenen nächste Woche waarm lafe wäerten, wéinst all méigleche Klengspuerer, déi wësse wëllen, wat se dann elo solle mat hirem Geld maachen; wat dann natierlech och erëm mat engem Käschtel punkt verbonnen ass.

Et muss ee jo och soen, dass wann een déi Motioun genee liest, déi d'Majoritéit elo hei eraginn huet – ech schwätzen elo emol net vun deenen Tiren uewen, op déi ech nach ze schwätze kommen, wou se déi Feststellung do maachen, mä haaptsächlech, wat elo vun der Regierung verlaangt gëtt an der Motioun –, da stellt ee fest, datt dat sech quasiment liest wéi e Bilan vun engem Constat, dee vun der Majoritéit selwer gemaach gëtt, datt dat Gesetz hei eigentlech immens schlecht ass, an datt ee besser hätt, et géing een et einfach zrëckzéien.

Wann ech hei déi dräi Tirete liesen, datt éischters scho soll 2006 eng Evaluatioun gemaach ginn iwwert d'Envergure, wat de Projet hei bruecht huet. Mir wësse jo, wa mer am Finanzsektor eppes maachen, dat ass e ganz sensibele Sektor. Da ginn ech emol dovunner aus, datt eng Regierung eigentlech am Virfeld misst genau evaluéiert hunn, wat d'Konsequenz si vun engem Projet, dee se an d'Opdrag gëtt. Datt et dann eigentlech relativ cocasse ass, wa mer hei eng Motioun virgeluecht kréien, wou steet, datt schonn Enn 2006 soll e Bilan driwwer gezu ginn. An dann: „à présenter, le cas échéant, des amendements au vu des conclusions de cet examen“.

Dat heescht, et kann ee jo awer hei dovun ausgoen, wann een dat liest, datt d'Majoritéit selwer der Meenung ass, datt se mat grousser Wahrscheinlechkeet Enn nächst Joer dee Projet hei wäert missen amendéieren. Esou datt eigentlech och op deem Gebitt eng ganz schlecht Aarbecht geleescht ginn ass.

Ech hunn och éischter d'Impressioun, Här President, Dir Dammen an Dir Härn, datt déi Motioun hei erakomm ass, fir ze berouegen. Ech wëll elo net behaapten, well ech meng geschlechter hei eraginn hunn; esou vermesse wär ech jo net, fir dat ze behaapten.

#### (Hilarité)

Mä ech mengen awer éischter, datt se domat ze dinn huet, datt den Här Fayot a seng Fraktioun gefaart hunn. Ech géing emol zrëckkucke goen an d'Debatten hei vum Parlament ronderëm de Budget vum leschte Joer, wou ech jo och eng Motioun gemaach hat, Här Fayot, a wou deemools an där Motioun hei e bësselchen awer schonn ähnlech Saachen drastoungen, wéi déi, déi Dir elo an Är Motioun geschriwwen hutt, mä déi awer natierlech méi wäit gaange sinn. Deemools hutt Dir hei am Parlament gesot, Dir hätt eigentlech guer kee Problem, fir déi Motioun hei mat ze droen, esou wéi mir se deemools erabruecht haten.

A wéi ech dunn insistéiert hunn, wa kee Problem géing bestoen, fir déi Motioun mat ze droen, do hutt Dir

gesot, neen, dat géing jo kee Sënn maachen, datt mer iwwer eng Evidenz hei géingen ofstëmmen, datt mer iwwer eppes géingen ofstëmmen, wat d'Majoritéit souwisou net wëllt maachen. Do hutt Dir se einfach ofgesäbelt, mä wann ech awer kucken, wat Dir deemools alles hei gezielt hutt. Ech hätt mech elo hei kënnen ameséieren, lech hei eng hallef Stonn Zitater virzebréngen vun deene Wuertwiessel, déi deemools hei gelaf sinn. Dat ass ee Joer hier. Do wäert Der relativ schlecht op Ärem Stull hei dru gewiescht, wann ech lech dat alles zerwéiert hätt.

#### (Coups de cloche de la Présidence)

■ **M. le Président.**- Här Bausch, Dir musst lech un d'Chamber adresséieren.

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President, ech adresséiere mech hei un d'Chamber, well eigentlech huelen ech jo nëmme Saachen erëm, déi an der Chamber virun engem Joer hei...

■ **M. Ben Fayot (LSAP).**- Här Bausch, datselwecht wäert lech och an der Stad Lëtzebuerg e puermol geschéien.

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Ma, Här Fayot, firwat dann net?

#### (Interruptions)

Här Fayot, firwat dann net?

■ **M. Henri Grethen (DP).**- Den Här Fayot ass „en aveu“.

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Firwat dann net? Ech hu kee Problem domadder, wann ee mer meng Feeler, wann ech der da soll gemaach hunn, virleet. Wann ech der da soll gemaach hunn, selbstverständlech!

■ **Plusieurs voix.**- Ooohhh!

■ **Une voix.**- Hal op elo!

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Wéi dann?

Här President, éischters emol si mer jo hei net am stater Gemengrot. Mir si jo hei an der Chamber. Mir schwätze jo awer hei iwwer e Gesetz, wat e bësse méi eng grouss Envergure huet, wat iwwert d'Grenze vun der Stad Lëtzebuerg eraus eng Envergure huet.

Zweetens, Här Fayot, Dir kënnt hei elo säuselen esou vill, wéi Dir wëllt, an Är Fraktioun och. Mir fällt keen Zack aus der Kroun eraus, wann ech effektiv e Feeler gemaach hunn an ech kréien dee bewise virgeluecht. Da fällt mir keen Zack do aus der Kroun. Ech mengen iwwregens, kengem Politiker fällt do en Zack aus der Kroun. An ech gesi guer net an, firwat dat esou dramatesch soll sinn. Duerfir reegt lech och net esou vill op driwwer, datt ech lech...

#### (Interruption)

Dir hutt direkt ofgelenkt. Dir sidd mam Gemengrot vun der Stad Lëtzebuerg komm. Dat ass awer e klassesche Mechanismus vun...

■ **M. Ben Fayot (LSAP).**- Neen, Här Bausch.

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- ...Öflenkung, a vun net wëllen iwwert dat schwätzen, wat Der d'leschte kéier hei gesot hutt.

■ **M. Ben Fayot (LSAP).**- Här Bausch, ech wollt just dee Procédé uschwätzen, deen Der wëllt gebrauchen, nämlech engem Saachen dohinner ze tesselen, déi een an der Vergaangenheet gesot huet, déi ganz oft aus engem Kontext erausgerappt sinn, an déi eben elo...

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Also,...

■ **M. Ben Fayot (LSAP).**- Jo, ech mengen,...



**M. François Bausch** (*DÉI GRÉNG*).- Ech wollt awer soen...

**M. Ben Fayot** (*LSAP*).- Ech hunn hei rappeléiert, wat ech zu der Monaco-Affär gesot hunn. Dat ass an der Linn vun deem, wat ech z'joert bei der Budgetsdebatt gesot hunn. Dozou stinn ech.

**M. François Bausch** (*DÉI GRÉNG*).- Also, Här President, ech erlabe mer awer dann ze zitéieren, wat an där Motioun vun deemools steet. Well, wann elo gemaach gétt, wéi wann dat aus dem Kontext gerappt wär, wat ech gesot hunn, dann zitéieren ech lech, wat an der Motioun steet.

**(Interruption)**

„Considérant les déclarations du rapporteur“ – dat war den Här Mosar deemools – „concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005, proposant notamment de proposer l'abolition de l'impôt sur la fortune des personnes physiques rendant ainsi le Luxembourg d'autant plus attrayant pour les propriétaires de fortune importante“. Dat stoung deemools an der Motioun hei dran. Jo.

**M. Ben Fayot** (*LSAP*).- Dir musst dann och alles lesen.

**M. François Bausch** (*DÉI GRÉNG*).- De Rescht...

**M. le Président**.- Jo.

**M. François Bausch** (*DÉI GRÉNG*).- Här Fayot, ech wëll lech just soen, deemools hutt Der géint déi Motioun hei gestëmmt, nodeem Der virdrun zwar an der Diskussioun iwwert déi Motioun behaupt hutt, datt Der am Fong averstane wäert mat der Motioun, datt et duerfir kee Wäert hätt se ofzestëmmen. Ech hunn lech deemools och gesot, Dir wäert gesinn, et dauert kee Joer, dann hu mer esou ee Projet hei leien, dee genau an déi dote Richtung geet. A wann ech héieren, wat de Moien awer hei gesot ginn ass, wat den Objektiv ass vun deem Projet, dann ass dat jo en Deel vun deem Objektiv vun deem Projet.

Zumindest d'Demokratesch Partei ass sech konsequent. Den Här Meisch huet et virdrun hei gesot, et wär eigentlech zrëckzeféieren op eng Urpropositioun vun hirer Partei, souguer nach an der leschter Legislaturperiod, an hien huet dee ganzen Aspekt do nach eng kéier hei beschriwwen. Si si sech weinstens konsequent; si stëmmen herno hei eppes, wat total logesch ass.

**(Interruptions diverses et hilarité)**

**M. Ben Fayot** (*LSAP*).- Här President, ech wëll dem Här Bausch awer rappeléieren, dass ech virun enger Véierelstonn eppes kloer gesot hunn do dozou, an dat ass datselwecht, wat ech zejoert gesot hunn, a meng Fraktioun an ech bleiwen dobäi.

**M. François Bausch** (*DÉI GRÉNG*).- Här Fayot, Dir hutt virun zéng Minuten hei gesot a wëllen de Leit dobauss verkafen, wéi wann dat, wat mer hei géinge maachen dës kéier, en Astieg an d'Steiergerechtheet wär, wa mer géingen eng 10%eg Quellesteier aféieren, wou d'Base imposable quasiment null wär. Dat hutt Dir virdrun hei de Leit wëlle verkafen als Neiastieg an d'Steiergerechtheet. Also, wann ech gelift, dat huet awer näischt domat ze dinn, wat am Text steet, wat Dir hei zielt!

Ech hunn lech jo gesot, Dir hat emol net de Courage, esou wäit ze goe wéi d'europäesch Richtlinn, wéi dat Gesetz, wat 2005 ofgestëmmt gouf, wou zumindest en Deel vun de Fongen drastoungen.

An ech hunn lech och gesot, wann Dir hei hätt wëllen en Astieg maachen an d'Steiergerechtheet, dann hätt Dir net missen énnen

ufänken, mä uewen ufänke bei de Revenuen. Dat léist bei eiser Fraktioun awer e gréissert Erstaunen aus iwwert d'Aart a Weis vun Ärer Fraktioun, vun Ärer Partei, déi jo awer zumindest op deem dote Gebitt, wat hir Grondsätz ubelaangt, eng Rei aner Saachen an hire Grondsätz stoen huet wéi dat, wat Dir eis de Moien hei versicht hutt wäszemaachen.

Ech muss och soen, Här President – an duerfir ass et jo och kloer, datt mer déi Motioun hei net kënne matdroe vun der Majoritéit –, wann Dir déi Considérenten do liest, wann dann an deem Considérant steet: „Considérant que cette même retenue à la source“ – dat heescht déi, déi mer elo hei aféieren – „permet un traitement équitable de tous les contribuables et élimine ainsi les possibilités de fraude, source d'injustice fiscale et sociale; (...)“, ech muss lech soen, wann ech gesinn, wat d'Base imposable heivunner ass, dann ass et eng Frechheet, fir esou eppes dranzeschreiwen. Dat ass d'Lëtzebuurger fir wierklech net ganz intelligent gehalen, wann een esou eppes wéi dat doten an eng Motioun schreift.

Mir wësse ganz genau – ech hunn lech dat gesot elo –, Dir hat emol net de Courage esou wäit ze goe wéi se um europäeschen Niveau gaange sinn, wou mer jo do hu misse goen, an da wëllt Dir hei iwwer eng Motioun de Leit elo Steiergerechtheet verkafen. An och nach quasi e schlecht Gewëssen hutt Dir nach de Leit de Moien hei gemaach, deenen, déi elo hei be-traff sinn, fir ze soen, dat hei wier en Astieg an d'Steiergerechtheet um europäeschen Niveau.

Duerfir, Här President, ass et fir eis och kloer, datt, wann een et wëllt eescht huelen, fir an déi dote Richtung méi Steiergerechtheet ze kréien, da misst een déi Motioun stëmmen, déi mir eraginn hunn, déi do vill méi eng kloer Sprooch schwätzt, ëm wat et hei an Zukunft muss goen, déi sech net verléiert an évasiven Erklärungen. Duerfir ass et och fir eis kloer, datt mir nach eng kéier gären hätten, datt eis Motioun, esou wéi ech dat gëschter verlaangt hunn, als Question préalable am Virfeld hei ofgestëmmt gétt, well ech wësst gär hei beim Vote électronique, wéi all eenzelnen Deputéierte sech verhält.

Ech si frou, datt d'Madame Vera Spautz haut de Moien hei ass. Si huet am Oktober, wéi mer hei den zweete Vote...

**M. le Président**.- Si ass dach ëmmer hei.

**M. François Bausch** (*DÉI GRÉNG*).- Si ass vläicht ëmmer hei, mä ech si besonnesch frou, dass ech se de Moien hei gesinn, Här President, well ech hir dat wollt virhalen, wat si gesot huet beim zweete Vote constitutionnel vun der Konstitioun, wou si eng laang Analys gemaach huet iwwer sozial Ongerechtheeten innerhalb vun Europa, si huet och iwwer Steiere geschwat a si huet deemools souguer gesot, si géing mech opfuere, méi kritesch ze sinn zu deenen Deklaratiounen, déi de Premierminister hei gemaach huet, an duerfir misst een och kucken, wéi ee beim Budget hei sech géing verhele fir 2006.

Ech hoffen, datt d'Madame Spautz dësse Projet ganz gutt gelies huet, well soll si deen hei nämlech stëmmen, da géing ech hir awer soen, da wär et fir d'leschte kéier gewiescht, mengen ech, wou si hei op d'Pult soll eropkommen, fir anere Lektioenen auszedeelen, wann et ëm sozial Gerechtheet oder Gerechtheet par rapport zu de Steiere geet.

Op alle Fall, Här President, mir wäerten dee Bedruch hei net matstëmmen; mir wäerten hei aus gudde Grënn géint dësse Projet stëmmen.

Ech soen lech Merci.

**Une voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Da komme mer zu deem leschten ageschriwwene Riedner fir haut de Moien, dem honorabelen Här Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den Här Rapportier huet de Moien hei ugefaangen, andeem hie gesot huet, dass schonn d'lescht Woch, wéi mer hei iwwert de Budget geschwat hunn, verschidde Leit d'Waasser net hätten hale kënnen, a schonn aacht Deeg, ier de Projet hei zur Debatt géif kommen, scho gemengt hätten, doriwwer missen ze diskutéieren.

Mir wossten, firwat datt mer virun aacht Deeg d'Waasser net konnten halen, Här President, well duerch datt net nëmmen ech, mä ech mengen och déi gréng Kolleegen heibannen an der Chamber scho bei de Budgetsdebatten op deen onsoziale Projet, dee mer haut hei virleien hunn, higewisen hunn, hu mer et zumindest fäerdeg bruecht, datt net nëmmen an der Opinion publique dobaussen, mä och an de Majoritéitspartei selwer eng gewëssen Oppositioun, och hannert de Kulissen, entstanen ass, déi jo dann zum Ausdrock bruecht ginn ass, andeem datt d'Majoritéit haut de Moien hei eng Motioun deponéiert huet, déi déi Leit da soll quasi berouegen an hinnen d'Garantie ginn, dass se kënne mat engem gewësse séchere Gefill dee Projet hei stëmmen.

Dobäi wëll ech direkt soen, Här President: Wann déi Kolleeginnen a Kolleegen dat mengen, da kann ech hinnen haut awer scho soen, datt si um Holzwee sinn, well déi Motioun, déi se haut hei virgëluecht hunn, do kann ech hinnen dat schrëftlech op eng Salztut ginn, déi wäert och an engem Joer guer näischt drun änneren. Si stëmmen haut schéi brav hei mat, an domadder hu se en Alibi kritt, mä um Fong wäerte se näischt änneren.

Här President, et ass elo...

**(Interruptions)**

Ech hunn et hei gesot, Här President, well jo ëmmer esou vill zitéiert gétt. An ech hunn dat hei mat Absicht gesot, datt et actéiert gétt, fir datt mer och no engem Joer oder anerhallwem Joer nach eng kéier kënne dat Ganzt erëm eraushuelen, an dann eben nach eng kéier déi Analys maachen. An da gesi mer jo...

**(Interruptions)**

Da gesi mer jo, wie Recht huet. Ech sinn iwwerzeegt, datt ech wäert heiranner Recht behalen.

**(Interruptions)**

Här President, den 21. Juni d'lescht Joer hu mer hei d'Gesetz gestëmmt iwwert d'EU-Direktiv iwwert d'Aféierung vun der Quellesteier vun den Non-résidents. Lëtzebuerg huet d'Bankgeheimnis kënne bäibehalen. Et ass eng Quellesteier fir d'Non-résidents agefouert gi vu 15% bis 2007; 20% kënne laut der Direktiv bis 2009 a bis 35% 2011 agefouert ginn.

D'Gesetz vun haut huet awer dräi Hauptpunkten: Éischtens d'Aféierung vun enger Quellesteier op den Zënsertrëg, zweetens d'Ofschafe vun der Verméigenssteuer fir Persounen an drëttens eng Amnistie fiscale.

D'Quellesteier vun 10% op den Zënsertrëg ass déi, déi hei am meeschten diskutéiert ginn ass. 10% libérateur, dat heescht, et ass eng definitiv Besteuerung. Déi gétt also net méi bei der Joresbesteuerung mat berücksichtegt.

An och bleift d'Bankgeheimnis bestoen: D'Bank hëft déi Steuer op, iwwerweist se un d'Steierverwaltung an de Bankeclient kritt vun der Bank en Zertifika oder en Extrait ausgestallt, wou drop festgehalen ass, wéi vill Zënsen un de Stat iwwerwise si ginn.

De Fräibetrag ass deen, deen an de leschte Wochen am meeschten an d'Diskussioun komm ass. Am Abléck hu mer e Fräibetrag vu 1.500 Euro Zënse pro Persoun. Et kënne maximal pro Famill zwou Persounen dovunner profitéieren.

Den initiale Projet, deen d'Regierung deponéiert hat, huet och dës Fräibetrag vu 1.500 Euro Zënse mat iwwerholl gehat, op engem Konto oder op méi Konten, awer da bei verschiddene Banken.

Déi éischt Versioun um Projet huet also déi 1.500 Euro festgehalen op 10% op allen Zënsertrëg. An de Steierflichtegen hätt da kënne bei d'Steierverwaltung goen an déi 10%, déi hien ofgehalen kritt hätt, zrëckbezuelt kréien. Hien hätt déi verschidden Zertifikaen, déi e vun der Bank ausgestallt kritt hätt, misse bäileëen, an 10% vu 1.500 Euro Zënse wieren also maximal 150 Euro Steiere gewiescht, déi eng Persoun hätt kënnen zrëckkréien, oder zweemol 150 Euro bei enger Famill.

Et war direkt gewosst, datt dat e grouse Verwaltungsupwand géif ginn, an et ass op Grund, géif ech soen, vun enger Oppositioun, déi aus der Verwaltung selwer erauskomm ass, vum Personal, dat e Communiqué gemaach huet, an deem et gesot huet, datt déi politesch Responsabel an d'Regierung net géifen op et héieren, an datt et duerfir misst dee Wee huelen, fir dann eben iwwer e Communiqué un d'Öffentlechkeet ze goen a matzedeele, datt d'Steierverwaltung misst 40 bis 50 Leit weider astellen, fir eleng déi dote Prozedur kënne ze bewällegen. D'Chamber vun de Fonctionnaires an Employés publics huet dogéint opposéiert, an den ADR huet och deemools eng Pressekonferenz gehalen, fir do-robbler hinzeweisen.

Dat Ganzt zesummen huet dozou gefouert, datt d'Kommissioun en Amendement zu dem Projet ugeholl huet, an du ganz einfach de Fräibetrag fale gelooss huet, esou datt vum éischten Euro un oder quasi vun zwee Euro un, wat dunn op zéng Euro eropgesat ginn ass, d'Zënse awer praktesch ganz integral besteiert ginn.

**(Interruption)**

Här President, et ass duerno esou gemaach gi vum Här Statsminister, wéi wann d'Chamber deen Amendement gemaach hätt. Wuel huet d'Chamberkommissioun dee gestëmmt, mä en ass proposéiert gi vum Här Frieden am Numm vun der Regierung. An ech hunn d'lescht Woch hei gesot, den Här Statsminister huet freides owes am Pressebriefing nom Regierungsrot gesot, hien hätt Verständnis fir der Chamber hiren Amendement, en Amendement, wou hie Verständnis dovir hätt, wat awer am Fong säin eegenen Amendement war.

D'Regierung war esou onfair, fir dat net anzegestoen, a si wollt am Fong der Chamber dat ënnerjubelen, wéi wann d'Chamber hei deen Amendement gemaach hätt. Dobäi war et eng Propositioun, déi den Här Frieden am Numm vun der Regierung an der Kommissioun gemaach huet an déi, wéi gesot, vun der Kommissioun ugeholl ginn ass. Derfir hu gestëmmt: d'CSV, d'LSAP, d'DP an DÉI GRÉNG, den ADR huet deemools dergéint gestëmmt.

Här President, d'Sozialisten, déi am Fong eng ganz gelunge Roll an deem Gesetz hei spillen, hu sech souguer dunn dozou hiräisse gelooss, fir am Fong déi Décisioun, déi d'Finanzkommissioun geholl huet, nämlech fir d'ganz Zënsertrëg ze besteieren, och nach als gutt a vertretbar no baussen ze verkafen, andeem datt si am „Tageblatt“ geschriwwen hunn, ënnert dem Titel „Beschwichtigung“:

„Der Eindruck sei vermittelt worden, ab sofort ginge es Kleinsparern an den Kragen, sprich an das Ersparte. Nun wird der Freibetrag gestrichen. Die LSAP kann gut damit leben. (...) Durch die so genannte Textänderung würden Kleinsparer geschädigt. Beispill gefällig: Eine Person mit einem Sparguthaben von 100.000 Euro müsste beim Zinssatz von 2% mit der aktuellen Gesetzesvorlage rund 200 Euro an den Fiskus abführen, rechnet die LSAP vor. Ein Betrag, der erträglich ist.“

Also d'Sozialiste waren déi éischt Partei – déi éischt Partei! – vum Parlament, déi net nëmmen an der Kommissioun den Amendement matgestëmmt huet, mä déi och nach un d'Press gaangen ass an de Leit erkläert huet, datt dat fir si erträglech wier, datt dat normal wier an datt dat gutt wier, datt d'Leit elo géife vum éischten Zënseuro u besteiert ginn.

An deemselwechten „Tageblatt“ huet deemools awer den OGB-L, a just iwwert deem Artikel, geschriwwen, „Kleinsparer muss es richten“: „...seien hier in erster Linie Kleinsparer visiert, die nun verstärkt zur Sanierung des Staatshaushalts beitragen müssen, klagt der OGB-L. Diese unsoziale Maßnahme sei umso unverständlicher, da die Reichensteuer für das Budgetjahr 2006 abgeschafft worden sei.“

Här President, dat wier jo alles net esou ee Problem, wann do den OGB-L eng aner Meenung hätt wéi d'LSAP, mä et kann ee sech awer Froe stellen, wéi et da méiglech ass, datt awer eminent OGB-L-Leit an där LSAP-Fraktioun hei setzen an op enger Spalt an der Zeitung eng kéier soen: Ma dat ass selbstverständlech, d'LSAP-Fraktioun féint dat vertrietbar, datt d'Leit elo mussen déi Steiere bezuelen, an dann een aneren Hutt opdoen an drënner schreiwen: Dat doten ass sozial ongerecht, an haut wahrscheinlech dann och nach déi sozial Ongerechtheet hei matstëmmen.

De Fuuss bei der ganzer Saach war, wéi sou dacks, den Här Juncker. Deen huet sech erausgehalen, hien huet den Här Frieden virgeschéckt, fir der Kommissioun den Amendement ënnerzejubelen. D'Kommissioun huet e gestëmmt, den Här Juncker huet Versteesdemech fir d'Kommissioun, datt si dem Här Frieden, nodeem hie vum Här Juncker den Oprag kritt huet, säin Amendement gestëmmt huet, a seet dann awer am „Wort“: „Die steuerliche Belastung der Kleinsparer war allerdings dem Premier ein Dorn im Auge.“

Dat heescht, nodeems d'Sozialisten dunn emol virgeprescht waren an der Natioun erkläert hunn, datt dat gutt wier, war dat dann op eemol dem Här Juncker erëm en Dar am A. Dunn ass alt erëm eng kéier geännert ginn an den Zënsebetrag, dee vun zwee op zéng eropgesat gi war, ass op 250 Euro eropgesat ginn. Dat war dunn awer eng Propositioun, déi och erëm vun der Regierung gedroe ginn ass.

De Fraktiounschef vun der CSV, den Här Wolter, war virsiichteg genuch, well hien huet an der Finanzkommissioun gefrot: Wann et heescht, d'Regierung, heescht dat och, datt den Här Juncker mat där Propositioun averstanen ass? An hie krut du vum Budgetminister confirméiert, datt och den Här Juncker mat där Propositioun vun der Regierung averstane wier, fir dann eben elo de Fräibetrag op 250 Euro eropzehiewen, wat engem Kapital vun 12.500 Euro oder 500.000 ale Lëtzebuurger Frang beim aktuellen Zënsefuuss vun 2% entsprécht.

Et kann ee selbstverständlech e puer Spuerbicher opmaachen, dann awer op verschiddene Banken, mä wann een déi Zënsertrëg vun 250 Euro nëmmen ëm zéng Euro iwwerschreët an et kritt een 260 Euro Zënse, da ginn déi voll besteiert an net nëmmen d'Diffe-



renz vun 250 op 260, mä déi 260 ginn da ganz besteiert, an da muss een op sengen Zënsertråg vun 260 Euro 26 Euro Quellesteier bezuelen, och déi kleng Leit, also 26 Euro Quellesteier, 13 fir den Här Juncker an 13 fir den Här Frieden.

#### (Hilarité)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Inflatioun hei am Land ass am Abléck 3%. D'Leit kréien 2% Zënse. Dat heescht, d'Leit verléieren am Abléck schohn. Déi Leit, déi hiert Geld normal op e Spuerbuch setzen,...

**M. François Bausch** (*DÉI GRÉNG*).- Dat ass ganz richteg.

**M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ...déi kréien am Abléck schohn iwwert d'Zënse dat net eran, wat se duerch d'Inflatioun verléieren. Dat heescht, déi Leit ginn elo schohn, wa se hiert Geld placéiere vu Joer zu Joer, méi aarm, well d'Zënse net esou héich si wéi d'Inflatioun.

D'Zënse, déi kënnen net national festgeluecht ginn, mä d'Inflatioun gëtt awer national gemaach, a Lëtzebuerg huet momentan de Rekord an der Inflatioun. Dat ass jo net d'Schold elo vum Ausland, mä et ass d'Schold vum eiser Regierung, déi bis elo net am Stand war, hei eng Wirtschaftspolitik ze maachen, fir eben eng Inflatiouns-bekämpfung ze maachen, mä au contraire beim Budget hei eng ganz Rei vu Moosname proposéiert, déi an Zukunft, wa se déi sollt durchsetzen, Här President, och nach d'Inflatioun géife weider an d'Luucht driewen.

Och d'Bauspuere fält hei drënner. Am Projet waren am Ufank d'Bauspuervertråg net dran, mä well mer wëssen, datt den Här Statsminister jo net dacks mea culpa mécht, mä hei beim Budget kloer gesot huet, datt dat dee gréisste politeschen Échec wier, deen hien erlieft hätt, datt mer hei zu Lëtzebuerg esou en Noutstand am Wunnengsbau hunn, géif een dach mengen, da misst d'Regierung elo higoen an déi Leit encouragéieren, déi spueren fir kënnen ze bauen. Neen, am Projet am Ufank waren d'Bauspuervertråg ausgeschloss, si sinn awer elo im Nachhinein erëm erageholl ginn.

Här President, d'Statsbeamtegewerkschaft huet zwee...

#### (Interruption)

...Amendement zu deem Text hei proposéiert. Mir hunn eis erlaabt, déi zwee Amendementen hei ze deponéieren, fir datt mer kënnen doriwwer ofstëmme, fir datt d'Bauspuervertråg erëm aus deenen heite Satz erausgeholl ginn.

#### Amendement 1

*L'article 4, paragraphe 2, lettre b), du projet de loi est complété comme suit:*

*„Les intérêts attribués sur un dépôt d'épargne auprès d'une caisse d'épargne-logement; à partir du 1<sup>er</sup> janvier 2006 ces intérêts ne sont plus considérés comme des revenus au sens de l'article 97, paragraphe (1) de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu.“*

(s.) *Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

#### Amendement 2

*L'article 10 du projet de loi est complété comme suit:*

*„3° – À l'article 97, le paragraphe (3) est complété par un point f) ayant la teneur suivante:*

*‘f) les intérêts attribués sur un dépôt d'épargne auprès d'une caisse d'épargne-logement.“*

(s.) *Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

Här President, dann ass et awer ganz wichteg: Den Här Rapporteur huet gesot déi lescht Deeg, et wier elo emol endlech de Klengspuerer definéiert ginn. De Klengspuerer,

dat ass also elo deen, deen hei laut dësem Gesetz ënnert 250 Euro Zënse am Joer kritt.

Här President, d'Regierung selwer huet awer, géif ech soen, de Klengspuerer elo schohn definéiert, well an eiser ablécklecher Situatioun hu mer 1.500 Euro Zënse steierfräi! An och am Projet, deen d'Regierung deponéiert huet, waren 1.500 Euro steierfräi! An dunn op eemol si se integral ofgeschaaft ginn, du vun zwee op zéng an dunn op 250 eropgesat ginn.

Här President, den Här Juncker ass de Moien e puermol hei zitéiert ginn, och vum Rapporteur, aus senger Deklaratioun, déi hien am Mee 2003 gemaach huet iwwert d'Lag vun der Natioun, wou den Här Juncker dat heite Gesetz ugekënnegt huet. Mä alleguer déi, déi en zitéiert hunn, hunn iergendwéi eng Kéier opgehele mat zitéieren, well den Här Juncker huet och deemools de kleng Spuerer definéiert.

Hien huet gesot: „Mir wëlle fréistens am Joer 2005, spéitstens am Joer duerno mat 10% un der Quell besteieren. Dat bedeit fir de Spuerer eng wesentlech Steiererlichterung. Mir verduebelen“ – lauschtert gutt! – „mir verduebelen och d'Steierabatementer. De Steierabatement geet beim Einzelne vun 1.500 op 3.000 Euro erop a fir déi bestuete Koppel geet e vun 3.000 op 6.000 Euro an d'Luucht. Kee Spuerer bezilt méi, mä all Spuerer bezilt manner.“

Dee Saz hunn alleguer déi, déi den Här Juncker vum Mee 2003 de Moien hei zitéiert hunn, vergiess fäerdeg ze liesen. Dat heescht, et war also eng Verduebelung vum Abatement ugekënnegt vun 1.500 Euro op 3.000 Euro, a fir d'Koppel vun 3.000 Euro op 6.000 Euro.

Här President, vun deene vum Här Juncker versprochenen 3.000 Euro sinn der 250 Euro bliwwen. A vun deene vum Här Juncker versprochene 6.000 Euro sinn der 500 Euro bliwwen. Ech wollt dat just hei emol mat erabrénge, fir deene Leit hir Mémoire e bëssen ze erfrëschen. Elo kann een natierlech, wéi den Här Fayot dat éischter gemaach huet, soen: Mir si vun der Opposition an d'Majoritéit gewieselt; mä den Här Juncker war deemools schohn an der Majoritéit, wéi en dat heiten ugekënnegt huet.

Zu der Quellesteier nach zwee Punkten, wou ech nawell gären hätt, wann den Här Budgetsminister eis herno och nach géif doranner méi Präzisiounen ginn. Dat eent ass, wou een an der Kommissioun och net esou richtig eens ginn ass: Wann een am Laf vum Joer ophieft, wéi dann d'Zënsbesteierung ass.

An dat Zweet ass, wéi et sech mat der Retroaktivitéit bei dëser Besteierung op den 1. Juli 2005 huet. Wéini datt réckwierkend, also och an den Exercice 2005, mat besteiert gëtt, a wéini net. Ech muss lech soen, datt mer do eng Rei vun Diskussiounen haten, déi mer net ganz kloer geschéngt hunn. Duerfir wier ech frou, wann den Här Budgetsminister dat géing maachen.

Här President, wa mer dann also hei gesinn, datt déi kleng Leit elo mussen méi Steiere bezuelen, da gëtt et am Fong pervers, wann een dat gläichzäitig mat der Ofschaffung vun der Verméigenssteuer kombinéiert. Mir hunn alleguer virun e puer Wochen hei déi miserabel Finanzsituatioun vum Stat bei de Budgetsdebatte kënnen feststellen, an datt et d'nächst Joer an dat Joer drop nach méi schlëmm gëtt. Mir konnte feststellen, datt d'Regierung 22 Propositionen gemaach huet, bis elo, déi praktesch alleguer ee gemeinsaamt Zil haten: sozialen Ofbau.

Da steet hei am Rapport, datt d'Ofschaffung vun der Verméigenssteuer fir de Budget plütôt modest wier. Et ass modest. Et si jo nëmmen 22 Milliounen Euro d'Joer, déi hei dem Stat verluer ginn. Dat ass einfach

modest. Am Géigesaz – dat ass och modest – müssen dann d'Klengspuerer 40 Milliounen iwwert de Wee vun der Quellesteier op den Zënsertråg erabrénge.

Här President, eppes muss een dem Rapporteur zegutt halen, dat ass déi Grondéierlechkeet, déi an em läit,...

#### (Hilarité)

...well hien ass net midd ginn, souwuel a sengem Rapport, wéi och haut am „Lëtzeburger Wort“ an a sengem mëndleche Rapport, ëmmer erëm ze ënnersträichen, datt een déi zwou Saachen, d'Aféierung vun der Quellesteier op den Zënsertråg an d'Ofschaffung vun der Verméigenssteuer, muss zesummege sinn, well se zesummegehéieren, well déi eng nämlech do sinn, fir dat auszegläichen, wat duerch déi aner ofgeschaaft gëtt.

An hien huet sech net ginn domat. Hien huet dat och geschriwwen: „D'autre part, les recettes provenant de la nouvelle retenue libératoire nationale sur les intérêts sont estimées à quelque 40 millions d'euros par an. Ces recettes sont censées compenser les moins-values de 37 millions d'euros résultant de l'abolition de l'impôt sur la fortune.“

Hien huet et haut am „Lëtzeburger Wort“ gesot, an en huet et och haut de Moien nach eng Kéier hei a sengem mëndleche Rapport gesot. Also, muss een dat zesummege sinn. D'Quellesteier op den Zënsertråg gëtt agefouert, fir am Statsbudget en Ausgläich ze kréie fir d'Ofschaffung vun der Verméigenssteuer.

An de Frënd Bausch huet et hei virdu gesot: Mir sinn amgaangen eng Politik ze maachen, wou d'Kapital ëmmer méi entlaascht gëtt, a wou d'Aarbecht méi besteiert gëtt. Mat där heiter Politik ginn déi Räich ëmmer méi räich, an déi Aarm ëmmer méi aarm. An dann ass et eng gewëssen Hypokrisie, wann dann haut de Moien och hei den Här Fayot eng Motioun deponéiert, wou en dann am Fong seet, datt duerch dat Gesetz hei, wéinst der Fraude fiscale, géif Steiergerechtegkeet agefouert ginn.

Ech wëll just drun erënneren, Här President, datt déiselwecht Leit virun enger Woch heibanne géint eng Motioun vun eis gestëmmt hunn, wou mer dra gefrot haten – a si hu schohn zweemol dergéint gestëmmt, och déi gréng Kollegen –, fir datt d'Steierverwaltung an den Enregistrement géifen équipéiert gi mat enger Sektoun Antifraude, fir grad d'Steierungerechtegkeet ze bekämpfen. Si hunn hei zweemol do dergéint gestëmmt. An elo gëtt hei erëm eng gréisser Steierungerechtegkeet agefouert, fir dann de Culot ze hunn, heihinner ze kommen an ze behaupten, Här President, datt dat einfach géif eng Steiergerechtegkeet bréngen!

Och de Statsminister huet an der Ried zur Lag vun der Natioun gesot: „Dat bedeit fir d'Spuerer eng wesentlech Steiererlichterung.“ De Koalitionsaccord huet dat och gesot.

Här President, ech ginn e bësse virun, fir datt ech a menger Zäit bleiwe kann.

Well eben och hei, wéi gesot, déi Verméigenssteuer mat dësem Gesetz ofgeschaaft gëtt. Domadder solle Leit, déi verméigend sinn, hiert Geld hei an d'Land bréngen. Här President, och do, mengen ech, ass et awer erlaabt an och noutwendeg an ubruecht, datt een eng Kéier an déi rezent Vergaangenheet zrëckkucke geet, well och do, mengen ech, hunn eis sozialistesche Kollegen, wéi se nach an der Opposition waren, duerch d'Hand vun hirem Generalsekretär jo awer net onbedeutend Aussoen zu där Ofschaffung vun der Verméigenssteuer gemaach.

Am „Tageblatt“ vum 27. Mäerz 2004, also ganz kuerz virun de Chamberwahlen, huet den LSAP-Generalsekretär, den Här Lux, geschriwwen: „Die Monaco-DP, so richtig konkret werden die programmatischen Vorstellungen der DP allerdings immer dann, wenn die ureigene Klientel, die Reichen und Schönen, bedient werden sollen. Weil Monaco...“

**M. Henri Grethen** (*DP*).- Sei dankbar für das Schöne!

#### (Hilarité)

**M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ech verstinn, Här Grethen, datt Der dat wëllt ervirsträichen. De Rescht wosste mer.

#### (Hilarité)

„Weil Monaco so schön, sauber und teuer ist und dort die Superreichen nur Superreichen begegnen, tritt die DP allen Ernstes für die ‚Monacoisierung‘ Luxemburgs ein. Damit dieses Unterfangen gelingen kann, plant die DP, die Vermögenssteuer abzuschaffen. Die DP zeigt wieder Flagge, die Flagge der ultraliberalen Partei der Hochvermögenden. Wer mehr als 3 Millionen Euro, ein halbes Dutzend Bauplätze und monegassische Tischmanieren besitzt, ist demnach gut beraten am 13. Juni die DP zu wählen.“

Här President, d'DP wéi och aner Parteien hunn den 13. Juni net déi Stëmme kritt, déi se sech erwaart hunn. D'Sozialisten...

#### (Interruption)

Bon, ech géif soen, Här Grethen, kommt mer loossen do dem Wieler awer de Choix. Et muss een ëmmer d'Resultat vum Wieler akzeptéieren. Op jidde Fall, d'Sozialisten...

#### (Interruption)

Jo, jo. Mir stinn, ech mengen, Här Spautz... All fénnef Joer ännert dat. Leet Äre Kapp a Rou. Wann Der esou virufuert, da sinn ech iwwerzeegt,...

**Une voix**.- Dann ass et eriwier.

**M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ...datt et a fénnef Joer nach eng Kéier ännert, awer an déi aner Richtung.

Här President, d'Sozialiste sinn awer an d'Regierung komm. A genau dat, wat se hei der DP virgeworf hunn, maache se haut. Et muss een dann elo wëssen, wou „die Reichen und Schönen“ sëtzen. Dat heescht, iergendwéi ass do eng Wanderung amgaangen, a se mussen bei de Sozialisten och haut ukomm sinn. Dat heescht, vun där klenger, léiwer, gudder Aarbechterpartei, déi et eng Kéier war, mengen ech, si mer elo bei, wéi se zu Esch soen, „d'Sozialiste mat de Krawatten“, oder, wéi se hei an der Stad soen, „d'Kavarsozialisten“ komm, déi elo einfach kënnen mat Iwwerzeugung, an den Här Fayot huet dat jo de Moien och hei versicht ze maachen, hei fir d'Ofschaffung vun der Verméigenssteuer lafen.

Här President, et war awer net nëmmen den Här Lux, mä och eise gudder Frënd, den Här Castegnaro. Hien huet de 26. November um OGB-L sengem Kongress gesot – do huet hien opgehalen als - OGB-L-President, fir deen ech en héich schätzen –, an e war awer schohn Deputéierte vun der LSAP zu deem Zäitpunkt, dat ass net onwesentlech – mir hunn dat heiten um OGB-L sengem Site erausgezunn -:

„...die Abschaffung der Vermögenssteuer andererseits, um Luxemburg zu einer Nische, einem Monte Carlo für Reiche zu machen, respektive der Weg in die Zweiklassengesellschaft, wo nicht nationale Solidarität, sondern private Zusatzversicherungen soziale Absicherung in allen Lebenslagen garantieren sollen, entsprechen weder den Zielen noch den Visionen jener gerechten Gesellschaft, die

unsere Vorgänger und die wir anstreben, die wir als Modell für uns und alle Menschen auf dieser Erde als notwendiges Ziel sehen.“

#### (Interruption)

„Die Herausforderungen sind enorm, unsere Verantwortung ist groß und unsere Kampfbereitschaft notwendig: Nicht allein in Resolutionen, oder aus dem Sessel heraus, rhetorisch oder in Zeitungartikeln. Nein, sondern wie bisher, überall dort, wo wir gefordert sind und die Herausforderung erfolgreich annahmen.“

Här President, wéi gesot, dunn hatten d'Sozialiste schohn de Koalitionsaccord gestëmmt, wou d'Ofschaffung vun der Verméigenssteuer dra war, an den Här Castegnaro war schohn Deputéierte vun der LSAP, wéi hien dat doten um Kongress gesot huet. Do huet hien dat bei de Komerodinnen a Komeroden, déi Quellesteier bezuelen, gesot. An elo haut stëmmt hien hei mat de Kavarsozialiste géint dat doten, wat hien do esou haart an dätlich fir all Mënsch vun der ganzer Welt gewünscht huet.

Här President, ech mengen, et ass awer wichteg, datt een heiansdo emol esou kleng Detailer hei nach eng Kéier opfrëscht.

Dann nach zum Schluss, Här President – et bleiwe mer nach dräi Minuten –, zu der Amnistie fiscale. Iwwert d'Amnistie fiscale, Här President, stinn hei am Rapporteur sengem Rapport ganzer fénnef Reien. Dat gëtt engem esou ënnergejubelt, an et gëtt wa méiglech net driwwer geschwat.

Haut de Moien huet den Här Mosar nach hei versicht dat esou duerzustellen, wéi wann dat am Fong keng Amnistie wier, mä et ass eng Amnistie. Dat heescht, d'Steierverwaltung – dat seet den Artikel 9 ganz kloer – kann Informatiounen, déi se iwwert de Wee vum Erhiewe vun der Quellesteier elo kritt, net dozou benotzen, fir réckwierkend Steieren ze erhiewen.

Och haten d'Sozialisten dat virun de Wahle jo ganz kloer hei geschriwwen. Den Här Fayot huet haut de Moien zwar kloer hei gesot, d'Sozialiste wëllte kee Lëtzeburger Monaco, mä et ass genau dat, wat awer den Här Lux virun de Wahlen hei gesot huet, et géif e Lëtzeburgergeschicht Monaco ginn, an déi „Reichen und Schönen“, déi géife sech hei an der Péitrus an der Stad siedelen, fir awer bei Waasser ze sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,...

#### (Hilarité)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei stellt d'Fro sech ganz kloer: Mussen dann d'Résidenten hei wunnen, oder ass dat fiktiv? Eiser Meinung no müssen se hei wunnen! An all Gemeng ass am Fong gehalen, fir keng Résidents fiktifs bei sech zuzeloossen. Wann eng Gemeng eppes vun engem fiktive Résident weess, da muss se deen an der Populationslëscht sträichen. Also, et kënnen nëmme wierklech Résidenten hei sinn. An dann, wann dann déi Invasioun vun deene Räiche géif op Lëtzebuerg kommen, da kënn dat, datt mer dann op dee Wunnengsmaat, op deem schohn den Noutstand ass, nach méi Drock kréien.

Da soll een dat de Leit och hei soen, well, wa mer wëssen, datt, wéi d'Belsch dat agefouert huet, 8.000 Hollänner a 60.000 Fransousen an d'Belsch residéiere gaange sinn, da stellt lech emol vir, déi 68.000 bis 70.000 géife muer hei op Lëtzebuerg wunne kommen, well mir esou e Gesetz hei maachen, a mir géife soen, si müssen och nach heihinner wunne kommen – wat dat fir Konsequenzen op de Wunnengsmaat hei hätt!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerfir ass et onseriö, datt mer hei vu Steiergerechtegkeet schwätzen, datt mer d'Klengspuer-



rer hei zousätzlech belaauchten, datt mer d'Verméigenssteuer ofschafen a gläichzäiteg och nach eng Amnistie fiscale aféiere fir déi, déi hei Steuerbedruch gemaach hunn.

A wann ech dann de Schlusssaz vum Här Thiel huelen, deen hei de Moien, géif ech soen, de Culot hat ze behaapten, datt déi, déi sech elo opreege weinst der Aféierung vun der Quellesteier, wahrscheinlech déi sinn, déi bis elo Steuerbedruch gemaach hunn! Dat hunn ech e staarkt Stéck fonnt, datt ee bei de Klengspuerer de Culot huet, fir dat ze soen, a gläichzäiteg hei e Gesetz stëmmt, wou een eng Amnistie fiscale mécht fir déi, déi Steuerbedruch am grouss Moossstab gemaach hunn. Dee Culot muss een hunn!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et versteet sech, an et war scho laang gewosst, datt mir dat heite Gesetz net wäerten an net kënne stëmmen. Dat heiten ass en onsozialt Gesetz. An ech ginn dovun aus, datt alleguer déi Leit, déi dat heite Gesetz stëmmen, duerno ni méi hei wäerten als Sozialpolitiker oprieden.

Ech ginn lech dann nach, Här President, déi zwee Amendementer.

Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. le Président.**- Merci, Här Gibéryen. D'Wuert huet elo fir d'Regierung den Här Budgetsminister Luc Frieden.

■ **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, dee Projet de loi hei ass am Fong d'Resultat vun der Aarbecht vun zwou Regierungen: där aktueller an där vu virdrun. Hei sinn eng Rei Zitater gemaach ginn, déi sech op déi zwou Legislaturperiode bezéien.

Et waren zweemol déi nämlech zwee Ziler, déi d'Regierung verfolgt an déi och an dësem Projet de loi ganz kloer sinn. Dat éischt Zil ass, datt mer en einfachen a spuererfrëndleche System wëllen aféieren. An zweetens, datt mer wëllen e Gesetz maachen, wat am Intérêt ass vun den Aktivitéite vun der Finanzplaz. Déi zwee Ziler ginn duerch dëse Projet de loi erreecht, an duerfir sinn ech och frou feststellen, datt eng ganz breet Majoritéit sech an dësem Parlament ofzeechent, déi dëse Projet stëmme wäert.

Dee Projet ass in extenso erkläert ginn, an duerfir géing ech wëllen dem honorablen Här Thiel Merci soe fir déi Erklärungen, an och deenen anere Kolleegen, déi dat an der Finanzkommissioun mat gekuckt hunn. Dat erlaabt et mir net méi op dee ganzen Detail zrëckzekommen, mä just zwou, dräi Remarquen op dëser Plaz nach ze maachen.

Déi éischt, dat ass, datt ee relativ Onverständnis huet, wann ee Budgetsminister ass, datt sech hei driwwer opgereeget gëtt, datt d'Leit elo op eemol missten op den Zënse Steiere bezuelen. Besonnesch och an där leschter Interventioun vum ADR koun dat jo ervir.

Et ass esou, datt déi éierlech Leit haut am Land op den Zënse Steiere bezuelen, och um Bauspuren, och op anere Produkter. An all déi, déi elo soen: „Wat maacht Dir dann elo op eemol hei?“, déi vergiessen, datt dat Gesetz hei eent ass fir déi éierlech Leit, déi hei am Land wunnen, a fir déi ass et spuererfrëndlech, well, wann een haut en Taux moyen d'imposition vun 20% huet, gëtt hei gesot, mir kucken dofir, datt déi Suen, déi haut largement net deklaréiert ginn, an Zukunft mat 10% Quellesteier beluecht ginn, mat Berücksichtigung vun deenen, déi ganz kleng Spuerbicher hunn; eng Millioun Lëtzebuerger Frang fir eng Koppel, wou keng Steieren ufalen,

mä all déi, déi als Koppel méi wéi eng Millioun Lëtzebuerger Frang hunn, déi bezuelen op deenen Zësen – net um Kapital, op den Zësen! – 10% Steieren.

Ech mengen, datt dat scho Steuer-gerechtegheet ass, well soss profitéiere just déi dovun, déi näischt deklaréieren. Déi, déi eppes deklaréieren, déi bezuelen eppes, an déi, déi näischt deklaréieren, déi bezuelen näischt.

Haut kommen an de Statsbudget duerch Zësen, déi deklaréiert ginn, 13 Milliounen Euro eran. Domat ass Lëtzebuerg dat Land, an deem am mannsten Erspuernisser wäre vun der ganzer Europäescher Unioun. Or d'Konte vun de Banke weisen – och bei de Résidenten – eppes ganz aneschtens aus. Hei ass also e System gewiescht, deen net fonctionnéiert huet. Duerfir mengen ech, datt dat heiten eng gutt Moossnam ass, déi dobäi – an ech soen dat nach eng Kéier – duerch déi 10% d'Spueren net découragéiert, mä encouragéiert.

Duerfir muss ee sech jo awer déi Saachen do ukucken, wann hei gesot gëtt: „Wat gëtt dann hei gemaach?“ An do ware jo och de Moien, ech mengen, et war am „Wort“, ganz interessant Rechebeispiller mat den aktuellen Tauxen.

Wann een an Zukunft als Koppel manner wéi eng Millioun Lëtzebuerger Frang huet, da bezilt ee kee Frang Steieren. Wann een als Einzelperson 50.000 Euro huet, da bezilt een an Zukunft am Joer 75 Euro Zësen. Dat si sechs Euro de Mount, dat ass manner wéi eng Pizza, déi een iesse geet. Et muss een also gesinn, een deen zwou Milliounen huet, dee bezilt fir d'Kollektivitéit sechs Euro Steieren de Mount, deen zugläich awer och vun all den Infrastrukturen: Schoulen, Stroossen, Zich profitéiert.

Ech mengen, da kann een net soen, dat wär onsozial, an et kann een och net soen, dat wär eng Attack op d'Spuerbicher. Dat do ass einfach en normale Bäitrag vun engem Revenu, deen ee kritt, deen d'Spueren net découragéiert, well, ech soen et nach eng Kéier, d'Regierung géing gär hunn, datt d'Leit och spueren, well d'Spueren ass fir vill Besoinen, déi een an der Gesellschaft huet, wann ee schafft an duerno, noutwendeg.

Duerfir ass dat hei e gutt Gesetz. Een, deen 100.000 Euro huet, véier Milliounen Frang, dee bezilt 150 Euro d'Joer Steieren. Och dat ass extrem weinég.

Dobäi kënnt, datt et awer noutwendeg ass, an dat hunn och e puer Kolleegen dankbarerweis de Moie gesot, déi europäesch Steuerreglung net aus den Aen ze verléieren.

Mir müssen oppassen, an dat soen ech och duerfir de Kolleeg vun der grénger Fraktioun, deenen hir Motioun ech gelies hunn a mat där ech net kann d'accord sinn: An der Theorie ass et wuel richtig, datt een d'Kapital an d'Aarbecht soll d'nämlech besteieren, an der Praxis geet dat awer net! Den Här Eichel huet dat och ëmmer gesot. Hien huet awer missen zugläich feststellen, datt domadder d'Kapital ofgewandert ass, well d'Kapital mobil ass.

Géing een also hei elo eng vill méi héich Steuer um Kapital maachen, da geet d'Kapital fort an Nopeschlänner, well an der europäescher Quellesteier hu mer 15% virgesi fir d'Non-résidenten. Wann also d'Lëtzebuerger an Zukunft géinge mat hire Suen an d'Schwäiz goen, musen se do 15% bezuelen, vun deene mir e Stéck zrëckkréien. Also maache mir en Taux vun 10%, fir eben ze évitéieren, datt d'Lëtzebuerger géinge fortgoe mat de Suen...

(*Interruption*)

Neen, ech soe just, Dir sot an Ärer Motioun, et soll een...

(*Interruption*)

...e Rééquilibrage ënnert den Impôts sur les revenus des salaires an de Revenus de capitaux maachen. Dee Rééquilibrage ass net méiglech, well een net kann déi nämlech Systemer applizéieren op Kapital, wat mobil ass, an op Aarbecht, déi net mobil ass. Och wann ech vun der Theorie hier dat selbstverständlech verstinn, mä duerfir fonctionnéiert dat doten net.

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President!

■ **M. le Président.**- Här Minister, erlaabt Der eng Fro vum Här Bausch?

■ **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Jo.

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Mir hu jo net verlaangt, et misst een den Taux méi héich maachen, mä mir sotet et soll ee weinstens eng Base imposable huelen, datt och d'Verméigen erfaasst gëtt, an net dat wat mer hei maachen, well dat ass jo dat wat eis am meeschte stéiert. Mir si jo net géint d'Aféierung vun enger Quellesteier fir Résidenten. Mir sinn och der Meenung, datt den Taux an der Rei ass. Mä mir sinn der Iwwerzeegung just, datt d'Base imposable näischt erfaasst.

Dir wësst jo awer, datt déi verméigend Leit gréisstendeels net hiert Geld einfach op en normaalt Spuerbuch setze ginn. Eleng schonn aus deene Grënn, déi den Här Gibéryen hei virdun zu Recht beschriwwen huet, well een do näischt erakritt beim normale Spuerbuch oder och engem Compte à terme. Duerfir, wat eis hei stéiert, an duerfir soe mer, datt et net gerecht ass, ass, datt eigentlech d'Base imposable näischt erfaasst. Mir sinn emol net esou wäit gaange wéi déi europäesch Direktiv.

(*Interruption*)

■ **M. le Président.**- Jo.

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Ech hunn eng Präzisioun gemaach, Här Fayot, ech hunn net gesot, ech géing eng Fro stellen.

■ **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Dozou kommen ech, well dat jo am Fong och an der Motioun vun der Majoritéit ebe just ugeschwat gëtt, wat d'Basis vun där Besteuerung soll sinn.

Éischte Punkt also, halen ech nach eng Kéier fest: Hei gëtt e ganz favorabelen, spuererfrëndleche Steiersaz agefouert; de ganz groussen Deel vun der éierlecher Bevölkerung bezilt an Zukunft wäit aus manner.

Zweetens, wat d'Fongen ubelaangt, an dat féiert mech dann och zur Assiette. Hei gëtt sech driwwer opgereeget zum Deel, datt elo an Zukunft d'Fongen net géinge besteiert ginn an d'Intérëten, d'Zënse géinge besteiert ginn. Ech stelle just fest, datt ech an deene leschten dräi Joer heibanne kee bei de Budgetsdebatten oder soss an enger Ried héieren hunn, dee sech schonn deemools iwwert dee Punkt opgereeget hätt.

Firwat hu mir d'Sicav capitalisantes net heidranner gesat? Well et d'Intentioun war vun der Regierung, net eng Verschlechterung vun der aktueller Steierlaascht vun de Leit ze maachen, well déi Sicav capitalisantes, déi, déi also näischt ausbezuelen, och fir de Moment net an der normaler Kapitalertragsbesteuerung waren. An duerfir hu mer dat net gemaach.

Dat Zweet, dat ass, datt...

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Dat heescht, dat kënnt och an Zukunft net, wahrscheinlech.

■ **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Dat Zweet, dat ass, datt ee selbstverständlech muss kucken, wat mer an der europäescher Regelung gemaach hunn. An do stellen ech och d'Kontradiktioun an der Lëtzebuerger Politik fest. Wéi de Statsminister, den deemolege Wirtschaftsminister an ech zrëckkomm si vun deene schwierege Verhandlungen an Europa, du krute mer heibanne félicitéiert, datt mer et fäerdeg bruecht hunn, e Champ d'application fir d'Quellesteier an Europa ze négociéieren, wou d'Fonge largement net drënner waren, well déi e wichtege Pilier op der Lëtzebuerger Finanzplaz sinn.

Wa mer also hei d'Fongen direkt drënner gesat hätten, da kéint Der sécher sinn, datt och an Europa d'Diskussioun erëm méi séier vläicht géing opgoen, fir och do d'Fongen an d'europäesch Kapitalertragssteuer eranzekréien.

Zweet Observatioun an deem Kontext, an ech mengen, déi ass och vu verschiddene Leit de Moie gesot ginn: D'Solutioun fir d'Leit ass net, aus dem Spuerbuch a Fongen einfach ëmzeklammern, well bei de Fonge gëtt et och Fraisën, an déi Fraisë sinn oft méi héich oder bal esou héich wéi dat, wat hei u Steieren ufält.

Duerfir hunn ech lech am Ufank gesot, an duerfir soll een déi Tableauë liesen, hei schwätze mer vun extrem weinege Steieren. Dat sinn net honnerte vun Euroen, dat sinn e puer Euroen. A wann een also an esou Fongen eraklëmmt, da muss een och Fraisë bezuelen, wann een eraklëmmt, wann een erausklëmmt, et muss ee sech dat awer ganz gutt iwwerleeën. All Spuerer huet selbstverständlech d'Recht, an dat ze investéieren, wou hien et fir gutt fënnt. Ech biede just, datt d'Leit sech dat iwwerleeën.

Dat Drëtt an deem Kontext wëll ech soen, datt wann et sech géing erausstellen, datt d'Leit elo alleguerte géingen aus de Spuerbicher erauslafen a Fongen, dann ass et selbstverständlech, datt mer dee Moment missten d'Gebitt, de Champ d'application, vun eise Gesetz nach eng Kéier iwwerkucken, an dat een dann déi Assiette misst méi breet maachen. An deem Sënn verstinn ech och d'Motioun vun der Majoritéit, an ech muss soen, ech fannen dat dat Normalst vun der Welt, well all Joer kucken d'Regierung a besonnesch och de Finanz- a Budgetsminister, ob déi Besteuerung vu vereenzelte Produkter déi richtig ass.

Duerfir mengen ech, wa mer beim Budget 40 Milliounen Euro agesat hunn, dann ass dat natierlech nëmmen eng Estimatioun. An da muss een déi Estimatioun kucken, ob déi herno der Realitéit entsprécht, an da schlëissen ech net aus, datt mer an deenen nächste Jore musen zum Beispill d'Sicaven dodrënner huelen. Dat muss ee sech dann awer gutt iwwerleeën, an och aner Produkter, an duerfir muss een eng Kéier d'ganz Revenus de capitaux iwwerkucken.

Och d'Loyeren, wat eng aner Zort vu Revenuen ass. Ech mengen, dat ass souwiesou eppes, wat mer an der Regierung wëlles haten, an duerfir, mengen ech, ass dat eppes ganz Normales.

Zur Verméigenssteuer kann ech mech ganz deem ralliéieren, wat hei den honorablen Här Fayot exposéiert huet. Zu der Motivatioun, déi dozou gefouert huet, géing ech bäifügen, datt grad weinst der Ongerechtegheet an der quasi Netbesteuerung oder Netberücksichtigung vun de Biens immobiliers dat däitscht Bundesverfassungsgericht scho virun zéng Joer gesot huet, déi Steuer wär net konform zur Verfassung, well se géint de Gläichheetsprinzip virun der Besteuerung wär.

Ech muss soen, mir sollen dach alles maachen, fir hei zu Lëtzebuerg där Finanzplaz, op där esou

vill Aarbechtsplaze sinn an ze erhalte sinn, nei Méiglechkeeten ze ginn. A wann ech hei Leit héiere sech driwwer opreegen, datt eventuell duerch dës Moossnam géingen Auslänner hei hiert Kapital zu Lëtzebuerg uleeën, da kann ech dach awer nëmme staunen! Mir liewen zënter 30 Joer dovun, mat Auslänner, déi op Lëtzebuerg hir Sue bréngen, an duerfir konnte mer hei eng Sozialpolitik maachen an Infrastrukture bauen, déi keen anert Land fäerdeg bruecht huet.

Also duerfir, wann ech gelift, mir liewe largement vun deene Suen, déi d'Leit hei op d'Banke bréngen, vun deene Sue fir déi d'Leit hei tanke kommen. Also solle mer dach frou sinn, wa mer hei eng Moossnam maachen, déi iwwergens eis net vill kascht, well op engem Budget vu 7,5 Milliarden ass d'Ofschafe vun der Verméigenssteuer fir d'Privatpersoun e Mini-deel. Wa mer awer d'Perspektiv hunn, datt mer domadder d'Gestion de patrimoine, den „private banking“ kënnen erweideren, datt mer nei Aarbechtsplaze kënnen schafen, ech mengen, dann ass et d'Flicht vun der Regierung, a ganz sécher déi vu mir als dee fir d'Finanzplaz zoustänneg Minister, fir alles ze maachen, fir där Finanzplaz nei Perspektiven ze ginn.

Duerfir sinn ech och frou, datt mer et duerch intensiv Négociatiounen an deene leschte Woche fäerdeg bruecht hunn, virun e puer Deeg deen éischten internationale Pensionsfong vun enger multinationaler Grupp op Lëtzebuerg ze kréien, och grad duerch d'Ofschafe vun der Taxe d'abonnement op där Zort Produkter, viru kuerzem. Et ass deen hollännesche Grupp Unilever, deen décidéiert huet, säin internationale Pensionsfong fir seng international Beamten zu Lëtzebuerg opzeleeën. Dat ass fir d'éischte Kéier, wou esou eppes geschitt. Mir hu während eiser Visite an Amerika am Oktober intensiv Gespräicher doriwwer gefouert mat deem, deen dee Fong zu Lëtzebuerg géréiert, a mir si ganz frou, datt dat zu engem Erfolg gefouert huet.

Dat ass en anert Element vun där Finanzplaz, wat mer musse verbeedern, an duerfir ass eist Engagement kloer, mir wäerten dat och weider maachen, an dëst Gesetz leit sech an déi Perspektiv an. Et rief keen Effort ënnerlooss ginn, fir nei Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg ze schafen. An do huet jiddfereen och heibannen eng Responsabilitéit. Duerfir mengen ech nach eng Kéier, datt dëst Gesetz en einfache System, e gerechten a spuererfrëndleche System aféiert an et ass am Intérêt vun den Aktivitéite vun der Finanzplaz an domadder vun den Aarbechtsplazen op der Finanzplaz.

Duerfir géing ech lech invitéieren, aus der Sicht vun der Regierung, dëse Projet ze stëmmen.

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Domadder ass d'Debatt ofgeschloss a mir kommen dann zu de Voten.

**Motion 1**

Mir si fir d'éischt konfrontéiert mat der Motioun, déi den Här Bausch déposéiert huet, à titre de question préalable. D'Fro ass also, ob d'Chamber bereet ass, déi Fro als Question préalable unzehuelen an iwwert déi Motioun ofzestëmmen, ier mer iwwert déi aner Motioun respektiv ier mer iwwert de Projet de loi ofstëmmen.

Ass d'Chamber domat d'accord fir direkt doriwwer ofzestëmmen?

(*Assentiment*)

Gutt, da komme mer direkt zum Vote iwwert d'Motioun vum Här Bausch.



Vote

D'Motioun 1 ass ofgelehnt mat 48 Nee-Stëmmen, bei 7 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Lucien Thiel), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Marc Angel), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Dann hu mer zwee Amendementer, déi vum Här Gibéryen déposéiert goufen.

Amendement 1

Fir d'éischt de Vote iwwert den éischten Amendement zum Artikel 4, Paragraph 2 vum Projet de loi.

Vote

Den Amendement 1 vum Här Gibéryen ass ofgelehnt mat 38 Nee-

Stëmmen, bei 4 Jo-Stëmmen a 17 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Lucien Thiel), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. John Castegnaro), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Fernand Diederich), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roger Negri), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Se sont abstenus: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Den Artikel 4, Paragraph 2 bleift also esou bestoe wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

Amendement 2

Dann de Vote iwwert den Amendement 2, deen den Artikel 10 vum Projet de loi betrëfft.

Vote

Den Amendement 2 ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmmen, bei 4 Jo-Stëmmen a 17 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Lucien Thiel), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Fernand Diederich), Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Alex Bodry), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Se sont abstenus: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Den Artikel 10 vum Projet de loi bleift also esou bestoe wéi d'Kommissioun e proposéiert huet.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung vum Projet de loi 5504 selwer.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugehall mat 48 Jo-Stëmmen, bei 12 Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel

Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Lucien Thiel), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Fernand Diederich), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Marc Angel), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Neen.

**M. le Président.**- Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**Plusieurs voix.**- Jo.

**M. le Président.**- Dann ass et esou décidéiert.

Dann hu mer nach d'Motioun 2, déi abruecht ginn ass vum Här Thiel.

Motion 2

Kënne mer do par main levée ofstëmmen?

(Négation)

De Vote électronique ass gefrot, da maache mer dat.

Vote

D'Motioun 2 vum Här Thiel ass ugehall mat 38 Jo-Stëmmen, bei 7 Nee-Stëmmen a 14 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Lucien Thiel), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Fernand Diederich), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Marc Angel), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun eisen Aarbechte vun haut de Moien. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtten um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 11.46 heures)

Ordre du jour

1. Débat de consultation au sujet des négociations au sein des réunions de la Tripartite ferroviaire  
(Exposé de M. le Ministre des Transports Lucien Lux - Débat - Motion - Vote)
2. 5465 - Projet de loi modifiant a) la loi du 29 juin 2004 sur les transports publics b) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu  
(Rapport de la Commission des Transports - Discussion générale - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; MM. Mars Di Bartolomeo et Lucien Lux, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

**M. le Président.**- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Mars Di Bartolomeo,** Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Neen, Här President.

**M. le Président.**- Mir fänken eisen Ordre du jour vun haut de

Mëtten u mat enger Konsultatiounsdebat iwwert d'Eisebunnstripartite. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Spautz, Grethen, Schreiner, Negri, Bausch a Gibéryen.

Mir fänken d'Debatt u mat engem Exposé vun der Regierung, vum Här Transportminister Lucien Lux. Här Lux, Dir hutt d'Wuert.

**Une voix.**- Här President, et ännert eppes. Den Här Braz ersetzt den Här Bausch.

**M. le Président.**- Jo, okay. Déi gréng Fraktioun huet mir den Här Bausch gemellt. Dann ännere mer dat ëm, et ass den Här Braz.

Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

1. Débat de consultation au sujet des négociations au sein des réunions de la Tripartite ferroviaire

Exposé de M. le Ministre des Transports Lucien Lux

**M. Lucien Lux,** Ministre des Transports.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, gëschter si sech am Rahme vun enger CFL-Tripartite déi eenzel Partneren iwwer en Accord fir d'Zukunft am Frachtberäich vun der CFL eens ginn. Domadder entsteet d'CFL-Cargo, eng nei Gesellschaft, eng Lëtze-

buerger Léisung, e Mariage tëschent der CFL an der Arcelor, deen eis et erlaabt, fir in extremis eng Äntwert ze ginn op d'Ouverture am Frachtberäich op der Schinn, à partir vum 1. Januar 2007. D'CFL bleift dobäi an hire Grondstrukturen erhalen, hir Filial, d'CFL-Cargo also, soll als neien Opérateur um europäeschen Netz an deenen nächste Joren aktiv sinn.

Domadder geléngt eis eng Equatioun vun enger noutwendeger Kompetitivitéit am Rahme vun engem offenen europäesche Schinnemarché an awer och eng sozial Kohesioun, well mer d'Acquisé vun den aktuellen Eisebunner erhalen, a mir stellen eis nei op, wat déi nei anzestellend Eisebunner ubelaangt. D'Balance also tëschent enger houfreicher Traditioun vun der Eisebunnsgesellschaft – awer och Eisebunner –, déi am Laf vun de Joren a Jorzéngten eng Gesellschaft opgebaut huet, déi souwuel am Voyageurs- wéi am Frachtberäich fir d'Land ganz vill Efforte gemaach huet an déi fir hir Acquiséen, déi mer also respektéieren, sech laang agesat huet, fir an hirem Langage ze bleiwen, laang dofir gekämpft huet.